

Mercredi,
9 juillet 2008

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*. - Jo, gären.

» **M. le Président**. - Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Ech hunn eng Fro am Zesummenhang mat de Kautiounen, déi Der elo ugeschwat hutt. Wa Leit sech mat Non-communautairë bestueden, muss jo eng Kautioun hannerluecht ginn.

Ass dat dann och elo esou, dass déi Kautioun elo ofgeschaaft gött? Ass dat déiselwecht wéi déi, vun där Dir elo geschwat hutt?

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*. - Wann Dir lech bestuet, hutt Dir jo souwisou iwwert de Code civil eng Obligatioun als Époux oder Épouse. Ech mengen, dat ass net d'Praxis, datt do nach weider Kautiounen sollen hannerluecht ginn.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Mä déi ginn awer elo nach bezuelt. An et si jo Leit, déi déi bezuelt hunn. Kréien déi déi dann elo erëm? A gött an Zukunft keng méi gefrot, well dat geet aus deem Gesetz hei net kloer eraus?

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*. - Ech hunn lech gesot, Här Jaerling, datt déi Kautiounen u sech net an engem Gesetz virgesi waren.

Et kéint ee sech jo u sech Froe stellen, ob een dann eigentlech d'Recht huet, esou Saachen ze froen, wa se net iergendwéi gesetzlech fixéiert sinn. Dat froen ech mech elo als Bierger. Dat ass also net méi d'Praxis a wäert och net méi d'Praxis sinn. A wa Leit déi sollte bezuelt hunn an esou Situatiounen, da kréie se déi Suen absolut erëm.

Wat de Regroupement familial ubelaangt an déi Diskussioun, déi mer haten iwwert d'Kategorien, iwwert d'Partneren, déi net direkt liéiert sinn, do huet d'Madame Err jo gesot, datt den Artikel 78.2 eis am Fong misst déi Garantie ginn, datt och an deene Situatiounen, wou wierklech eng Partnerschaft, och wa se net formaliséiert ass, existéiert, d'Méiglechkeet besteet fir déi Persoun, fir op Lëtzebuerg ze immigréieren.

Ech sinn e bëssen iwwerrascht, datt hei ëmmer vun de Rechter, vun de spezifesche Rechter vun de Frae vum Här Henckes geschwat gött. Ech hat ëmmer gemengt, mir wieren elo an engem Stadium ukomm, wou mer eigentlech d'Égalité des droits hätten.

Also, wann Dir domat d'Égalité des droits viséiert hutt, dann ass et an der Rei. Wann Dir awer nach ëmmer mengt, d'Fraen hätte spezifesch, dat heescht jo am Prinzip e bësse manner Rechter wéi d'Männer, da si mer awer schonn...

(*Brouhaha général*)

Jo, da sot dat kloer.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*). - Ech hu mer erlaabt, hei de President Sarkozy ze zitéieren, dee gesot huet,...

(*Interruptions*)

...datt de Contrat d'intégration déi Dispositiounen do misst virgesinn, an ech hu fonnt,...

» **Une voix**. - Dat seet Äre Parteikolleeg Kartheiser!

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*. - Gutt. Dat ass fir mech kloer. Dann ass d'Saach an der Rei. Et ass ganz kloer, datt d'Lëtzebuerger Recht fir jiddferen,...

(*Interruptions*)

...Mann oder Fra, dat nämlecht ass, an datt een, deen hei zu Lëtzebuerg...

(*Coups de cloche de la Présidence*)

» **M. le Président**. - Da lauschtert elo dem Här Minister no!

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*. - Et ass kloer, datt een hei nom Lëtzebuerger Recht muss fueren an datt et do keng Ausnahmen däerf ginn.

(*Interruption*)

Dat waren u sech déi puer Froen, déi méi speziell ugeschwat gi sinn. Elo nach zu deenen zwou Motiounen.

Déi kann ech absolut...

» **M. le Président**. - Wann ech gelift, Här Bettel! De Minister huet hei de Mëtteg dräi an eng hallef Stonnen nogelauschtert.

Ech hunn dat gemierkt. Hien huet all Rieder hei nogelauschtert, also huet hien elo d'Recht, dass d'Chamber him nolauschtert bei sengen Ausféierungen.

» **Plusieurs voix**. - Très bien!

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*. - Ech wëll also soen, datt ech déi zwou Motiounen iwwert d'Kodifikatioun an d'Informatioun absolut unhuelen.

Et ass bemängelt ginn, dat Gesetz wier esou komplizéiert, datt ee misst dräi Affekoten hunn, fir et ze interpretéieren. Ech mengen, dat ass net de Fall. Et ass e Gesetz, wat natierlech eng relativ komplex Matière couvériert, mä mir wäerten all Effortë maachen, fir alle Bierger an och den Employeuren hei zu Lëtzebuerg oder all deenen, déi susceptibel sinn, eventuell op Lëtzebuerg ze kommen, iwwer eng Broschür, iwwer e Site Internet déi Saache kloer duerzeleeën, fir datt et hei keng falsch Interpretatiounen wäert an der Zukunft ginn.

Voilà, e lescht Wuert iwwert dat, wat gesot ginn ass iwwert dat, wat an Italien anscheinend geplangt ass. Mä ech hunn awer do keng Informatiounen. Ech muss mech natierlech vun esou Praxissen distanzéieren. Esou Praxissen, wou een ethnische Grupp singulariséiert géif ginn, sinn net am Geescht vun enger europäescher Charte des droits fondamentaux. Dat si Praxissen, déi leien eng Rei Jorzéngten zréck. Mir kennen alleguerten déi dramatesch Konsequenze vun esou Saachen. Mir müssen also kucken, wéi mer och ons total Désapprobatioun vun esou Praxisse kloermaachen.

Voilà! Ech soen lech villmools Merci. Mir hunn déi Hürd hei geholl. Ech hoffen, datt mer déi Hürd och huele fir d'Integrationsgesetz. Ech hoffen och, datt mer d'Nationalitéit, déi eigentlech och eent vun den Zementen ass vun onser Natioun, net am Geescht vun enger Fermeture, mä am Geescht vun enger Ouverture, deen d'Lëtzebuerger iwwer Jorhonnerten - ech soen et nach eng kéier - gekennzeechent huet am Respekt vun hirer Identitéit, mä déi net eppes Statesches ass, datt mer och déi Gesetzer an deem nämlechten État d'esprit unhuele wéi dat hei.

Villmools Merci.

» **Plusieurs voix**. - Très bien!

» **M. le Président**. - Merci, Här Minister, fir déi engagéiert Ried. Mir sinn domat um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zum Vote. Mir si fir d'éischt konfrontéiert mat den Amendementer, déi den honorabelen Här Braz déposéiert huet. Mir stëmme fir d'éischt iwwert d'Amendementer of.

Amendement 1

Mir stëmmen elo iwwert den Amendement 1 of, betreffend den Artikel 57, Paragraph 3.

Vote

Den Amendement 1 ass ofgelehnt mat 41 Nee-Stëmmen, bei 18 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun. Den Artikel 57, Paragraph 3 bleift also an där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun et virgeschloen huet.

Ont voté oui: Mme Lydie Err;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Amendement 2

Da stëmme mer of iwwert den Amendement 2, och iwwert den Artikel 57, Paragraph 3.

Vote

Den Amendement 2 ass ofgelehnt mat 40 Nee-Stëmmen, bei 18 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun. Also bleift och dee Paragraph an där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun et virgeschloen huet.

Ont voté oui: Mme Lydie Err;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Da stëmme mer iwwert de Projet selwer of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Ech wëll der Chamber an dem Här Minister soen, dee ganz frou ass, dass de Projet de loi iwwert d'Immigratioun mat 60 Jo-Stëmmen ugehall ass.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

(**Applaudissements**)

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zu de Motiounen, déi vun der Madame Err déposéiert gi sinn.

Motion 1

Kënnen mer iwwert d'Motioun 1 par main levée ofstëmmen?

(**Assentiment**)

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Déi Motioun ass eestëmmeg ugehall.

Motion 2

D'Motioun 2 vun der Madame Err.

Och par main levée?

(**Assentiment**)

Vote

Och déi Motioun ass eestëmmeg ugehall.

Résolution 1

D'Resolutioun, déi d'Madame Err déposéiert huet.

Och do stëmme mer par main levée of.

Vote

Nach eng kéier eestëmmeg.

Dräimol Eestëmmegkeet fir d'Propositione vun der Madame Err.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, ass dese Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss. Mir kommen elo zum nächste Punkt. Dat ass de Projet de loi iwwert de Renforcement vun den Effektiver vun der Police.

(**Interruption**)

Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussiounen ginn elo weider mam nächste Projet.

» **Une voix**. - Et ass awer nëmmen een, deen d'Wuert kritt, Här President.

» **M. le Président**. - Dat ass d'Diskussioun iwwert de Renforcement vun den Effektiver vun der Police. Et sinn ageschriwwen: den Här Meyers, den Här Bettel, den Här Klein, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Santer. Här Santer, wann ech gelift.

3. 5873 - Projet de loi portant sur le renforcement des effectifs de la Police et modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police

Rapport de la Commission juridique

» **M. Patrick Santer** (*CSV*), *rapporteur*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss ee bei dësem Projet eng dacks gemaache Presentatioun aus der Welt schafen. Duerch dese Projet de loi gi keng nei Polizisten agefallt. Bei der Astellung vu Polizeian Zivildbeamte wäert dee bis haut bekannte Wee weiderbestoe bleiwen. D'Police, iwwert d'Policeschoul, kann och net méi wéi déi aktuell ongeféier 60 jährléche Rekruten ausbilden. Déi müssen och duerno um Terrain encadréiert ginn. Esou datt mer net elo vun haut op muer géife 500 nei Poliziste kréien.

Wat ass dann den Objet vun dësem Projet de loi? Den Effectif légal vun der Police gött vun 1.573 op 2.000 eropgesat. Am Polizeigesetz vum 31. Mee 1999 ass festgehalen, wéi vill Brigadiere, Inspekteren, Cadres supérieurs an Zivilpersonal d'Polizei soll hunn. Mat där nächster Assermentatioun, déi am Hierscht wäert stattfannen, wäerte mer dësen Effectif légal iwwerschreiden. Dofir mussen mer deen Effectif légal upassen.

Natierlech kéint ee sech d'Fro stellen - an de Statsrot huet dat och gemaach -, ob ee wierklech e Cadre légal brauch. Dat wier bei anere Verwaltungen net de Fall. De Statsrot huet d'Propos gemaach, d'Bestëmmungen am Polizeigesetz, déi den Effectif légal festleeën, ganz ze sträichen.

Mir hunn dem Statsrot seng alternativ Proposition net iwwerholl. Wann och d'Astelung vun de Polizeibeamten iwwer aner Gesetzer, wéi zum Beispill iwwert d'Budgetgesetz, lafen, esou ass et awer wichteg, datt am Polizeigesetz, fir d'Organisationsgesetz vun engem fir de Rechtsstat wichtige Corps duerstellt, déi maximal Zuel vu méigleche Poliziste steet.

D'Police esou wéineg wéi d'Justizautoritéite si mat anere staatleche Verwaltungen gläichstellen. Dat verhénnert natierlech net, datt eng pluriannuel Planifikatioun gemaach gött. Dat gött och fir d'Riichtere gemaach. D'Zuel vun deenen 2.000 neie Polizisten, déi bis ëm 2015 wäerten an service sinn, kënn net vun ongeféier. Et komme 70 nei Briga-

dieren, 330 nei Inspekteren a 70 nei Zivilbeamte bäi, an de Cadre supérieur gëtt ëm 27 Unitéiten opgestockt.

Am schrëftleche Rapport wäert Der en Tableau virfannen, deem eng Repartitioun vun deenen zousätzlechen Effektiver op eng indikativ Aart a Weis proposéiert. Ech benotzen hei wëssentlech den Term „indikativ“, well een dësen Tableau net kann un déi heiteg an op déi nächst Regierung bindend maachen. Déi eigentlech Affektatioun vun den neien Effektiver muss sech no der Entwécklung vun der Bevëlkerungszuel a vun der Kriminalitéit souwuel qualitativ wéi quantitativ upassen.

Méi wichteg wéi d’Zuele vun dësem Tableau sinn d’Prinzipien, déi hannert der Opstellung vun deemselwechte stinn. Déi alleréischst Prioritéit gëllt der Presenz um Terrain iwwert d’Opstockung vun de Commissariats de proximité an de Centres d’intervention. D’Presenz vun der Police um Terrain ass extrem wichteg. De preventive Charakter vun der polizeilecher Aarbecht gëtt esou ënnerstrach a verstärkt. D’Leit mussen gesinn, datt d’Police do ass.

Och mussen verschidden Zentralservicer vun der Police verstärkt ginn.

Dat ass de Fall vun der Police um Findel, wou mer virun engem Joer ongeféier d’guel Kaart vu Bréissel a Saache Sécherheet gewise kruten.

D’Unité centrale de la police de la route, déi haut mat 42 Leit mussen 24 Stonnen op 24 Stonne siwen Deeg op siwen hir Aarbecht verrichten, gëtt och verstärkt.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Schlussendlech soll och d’Police judiciaire opgestockt ginn. D’Aarbecht, déi dee Service ze bewältegen huet, gëtt ëmmer méi komplex, besonnesch a Saache vu Wirtschaft- a Finanzkriminalitéit. Esou datt och do eng Verstärkung ugesot ass.

Eng méi grouss Zuel vun Zivilpersonal ass och noutwendeg fir der Police bäizestoen. Hei sollte besonnesch Ingenieuren, Ingénieurs techniciens an Informatiker ageallt ginn. Et ass en effet evident, datt technesch Equipementer wéi Computer, Handyen an esou weider eng ëmmer méi grouss Roll beim Begoe vu Strofdoten a bei der Opklärung vu Strofdote spillen, an do och vu Säite vun der Police spezifesch technesch Kompetenzen erfuerdert sinn.

Mat dëser Prioritéitëlëscht - och wann ech nach eng Kéier wëll betounen, datt d’Zuel vun den Affektatiounen nach muss genee, au fur et à mesure vun den Astellungen, festgeluecht ginn - äntwert den Här Justizminister op d’Feststellungen, déi mer virun engem Joer am Juli 2007 hei am Kader vun der Debatt iwwert d’Sécurité intérieure gemaach haten: Presenz um Terrain markéieren, spezifesch Zentralunitéite verstärken an op technesch Kompetenz pochen.

Här President, ausser der Alternativléisung fir den Effectif légal am Gesetz ofzeschaffen, déi mer, wéi ech gesot hunn, net iwwerholl hunn, hat de Statsrot keng Observatioun zum Text vum Projet de loi. Ech wëll awer nach kuerz op eng Remarque vum Statsrot agoen, mat där ech iwwerhaapt net averstane sinn. A sengem Avis huet de Statsrot gemengt, mat dësem Projet de loi géif eng, ech zitieren: «...augmentation massive des effectifs de la Police...» realiséiert ginn an doduerch, schreift de Statsrot a sengem Avis: «...le Luxembourg dépassera la densité policière de tous ses pays voisins», wou mer elo am ënneschte Mëttelfeld leien.

Éischstens kënn et mat dësem Gesetz net zu enger «...augmentation massive des effectifs de la Police...». D’Police stellt nëmmen déi Leit an, déi se an der Polizeischoul an um Terrain kann ausbilden. Mat dësem Projet de loi gi keng nei Leit ageallt, hei geet et just ëm den Effectif légal.

Zweetens, wat d’Densité policière ugeet. D’Densité policière ass de Ratio tëschent der Bevëlkerungszuel an der Zuel vun de Polizisten. Datt mer elo do géifen Europameeschter ginn, woen ech ze bezweifelen. Déi aner Länner wäerten an an deenen nächste Joren d’Zuel vun hire Polizisten opstocken. Mir stinn also net eleng do. Mir mussen an d’Bevëlkerungszuel déi Leit mat arechnen, déi zu Lëtzebuerg schaffen, awer net zu Lëtzebuerg liewen. Déi Zuel ass och

an deene leschte Joren an d’Luucht gaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d’Upassung vum Effectif légal vun der Police ass eng Noutwendegkeet. Et kommen ëmmer méi national an international Aufgaben op d’Police duer. Déi europäesch an international Zesummenaarbecht, déi ëmmer méi komplex Kriminalitéit, d’Erausfuereungen, déi an den nächste Joren op d’Police wäerten duerkommen, féieren zu engem ëmmer méi groussen Aarbechtsopwand, an dobäi däreif een de preventive Charakter vun der polizeilecher Aarbecht ni aus den Ae verléieren. D’Poliziste mussen do affektéiert ginn, fir der Polizei et ze erlaben, hir mannegfalteger Aarbecht nozekommen. Mam Ausweide vum Effectif légal erlabe mer hir dat.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Santer. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

» M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de Projet de loi iwwer eng Erhéijung vun den Effektiver vun der Polizei ass vun eise Kolleg, dem Deputéierte Patrick Santer sengem schrëftlechen a mündleche Rapport ausféierlech duergeluecht ginn. Ech soen him dofir Merci. Et erlaabt mir, mech a mengen Ausféierunge ganz kuerz zefaassen an nëmmen op e puer Punkten nach eng Kéier zrëckzekommen.

Duerch dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, gi global gesinn déi legal Effektiver vun der Police vun 1.573 op 2.000 Unitéiten eropgesat. Dat Zil soll bis 2015 erreecht sinn. Mat dësem Gesetz gëtt de Justizminister Luc Frieden der Motioun, déi d’Chamber de 4. Juli 2007 gestëmmt huet, eng positiv Suite. An där Motioun ass d’Regierung ënner anerem opgefuerdert ginn, weiderzefuere mat hiren Efforté fir d’Effektiver, déi am Gesetz vun ’99 virgesi waren, ze erreechen, an doriwwer eraus och déi Effektiver vun deem Gesetz nozekucken, fir eventuell d’Zuel vun den Effektiver eropzesetzen, wat mat deem Gesetz vun haut dann och geschitt. A si ass opgefuerdert ginn, eng besser Verdeelung vun de Polizeibeamten an deenen eenzelnen territorialen Unitéite virzugesinn, wat och hei an dem Text ugesprach ass.

Mat dem Eropsetze vun den Effektiver gëtt d’Chamber der Regierung, a virun allem dem Justizminister, d’Méiglechkeet, fir d’Effektiver vun der Police den Erfuerdnerisse vun deenen nächste siwe Joer unzepassen. Fir déi nei Héchstzuel vun 2.000 Polizeibeamten ze justifiéieren, huet d’Regierung eng Rei Argumenter ugeféiert, déi och vun der ganz grousser Majoritéit vun den Deputéierte gedeelt ginn. D’CSV ass der Meenung, dass déi Erhéijung den effektive Besoinen, déi d’Regierung an hirem Exposé des motifs duergeluecht huet, entsprécht, an dass de Prinzip vun der Proportionalitéit respektéiert gëtt, fir op eng ugemess Aart a Weis d’Kriminalitéit ze bekämpfen.

Eng grouss Prioritéit bei der Erhéijung vun den Effektiver wëllt d’Regierung där sougenannten „Unité de base“ bäimoossen. Et sinn dat d’Commissariats de proximité, déi an engem enke Kontakt mam Bierger stinn an an den Uertschaften, an de Quartieren derfir suergen, dass de Bierger och mierkt, dass de Stat seng alldeelegch Sécherheet garantéiere wëllt. D’CSV ass net nëmmen d’accord mat dem Prinzip vun der Erhéijung, mä och mat där Opdeelung vun deenen zousätzlechen Effektiver op déi eenzel Servicer vun der Polizei, esou wéi d’Regierung dat an engem Tableau indicatif virschléit. En Tableau, deem allerdéngs net bindend ass, wéi de Rapporteur scho gesot huet, mä deem undeit, a wéi enge Servicer déi Erhéijungen an deenen nächste Jore virgeholl solle ginn.

Här President, de Statsrot ass der Meenung, et bräicht ee kee Spezialgesetz, fir d’Effektiver vun der Polizei eropzesetzen. Datt wier och méiglech iwwert d’Budgetgesetz. De Rapporteur ass schonn drop agaangen. Et ass richtig, dass an deene leschte Jore Kadergesetzter vu verschiddene Verwaltungen ofgeännert goufen, fir eng Upassung vun den Effektiver duerch d’Budgetgesetz ze erlaben. D’Commission juridique ass allerdéngs net op dee Wee gaangen, deem hei de Conseil d’État ugedeit huet, mä si ass der Meenung, dass weiderhin am Kadergesetz vun der Police d’Effektiver solle fixéiert ginn.

D’Polizeiverwaltung ass keng Verwaltung wéi all anerer. Et muss een och hei feststellen, dass déi Erhéijung vun den Effektiver

ëm méi wéi 400 Unitéiten eng Zuel ass, déi kaum am Budget bis elo virgesi war. Et ass eng mëttelfristeg Programmation vun den Effektiver, déi een och net an engem eenzelne Budgetsgesetz kënn virhuelen, mä déi een da Joer fir Joer misst virhuelen, wou allerdéngs dann d’Regierung net sécher wier, ob d’Chamber och dat Joer duerno erëm d’accord wier, fir déi Effektiver ze héijen. Hei kann eng mëttelfristeg Programmation gemaach ginn, wat an esou enger Verwaltung wéi der Polizei och eng grouss Wichtegkeet duerstellt.

D’Police ass keng Verwaltung wéi eng aner. Opgrond vun de speziellen Aufgaben, déi se an der Gesellschaft huet an déi d’Gesetzter an och d’Verfassung hir zouerkennen, huet se e wesentlechen Undeel un der Ausübung vun der Muecht hei am Land. Si participéiert um Exercice vun der Puissance souveraine wéi keng aner Verwaltung. Déi Leit, déi an der Verwaltung schaffen, sinn Officiers de police judiciaire, wat eng wichteg Attributioun ass, a mir mengen et wier och noutwendeg, dass an deem Beräich d’Chamber hiert Matsproocherecht duerch e Spezialgesetz behält.

Schlussendlech däreif een och net vergiesen, an ech rappeléieren dat hei, dass zwee Artikelen vun der Verfassung, an zwar d’Artikelen 96 a 97, sech ausdrécklech mat de Forces de l’ordre befaassen. Den Artikel 96 gesäit vir, dass alles wat d’Force armée betrëfft, „tout ce qui concerne la force armée“, duerch Gesetz muss geregelt ginn, an den Artikel 97 gesäit vir, dass d’Organisation an d’Attributiounen de Forces de l’ordre an engem Gesetz muss festgehalen ginn. D’Kommissioun war och der Meenung, dass een hei um Prinzip vun der Organisation vun der Police touchéiert, wann een déi Effektiver ëm esou eng grouss Zuel eropsetzt. Dat waren eigentlech d’Argumenter, fir net op de Wee vum Conseil d’État ze goen, mä fir bei dem Textvorschlag vun der Regierung ze bleiwen an d’Gesetz esou ze stëmmen, wéi d’Regierung et erabruecht huet.

Am Numm vun der CSV kann ech deene Propositionen zoustëmmen an ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun zu deem dote Gesetz.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Meyers. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Bettel.

» M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deem heite Projet de loi, deem déposiert ginn ass, dee gesäit jo vir, dass d’Police eng Augmentatioun vu 500 Leit kritt bis 2015.

Et kann ee sech eng éischt Fro stellen: Wéi d’Demokratesch Partei bei de Gemengewahlen gesot hat, dass an der Stad Lëtzebuerg vill Polizisten géife feelen a souguer d’Zuel vun 200 Polizisten zitéiert hat, hat den deemolege Spëtzekandidat vun der CSV gelaacht an eis e bësse Security-Wahn virgeworf.

Ech si frou, dass haut déi Bestätegung kënn an déiselwecht Richtung vum Parteilkolleg vum Här Mosar, dem Här Frieden, dee 500 nei Leit wëllt astellen, an dovunner an deem Tableau, och wann et nëmmen indikativ ass, 85 fir den CI-Stad, wat jo e Bewäis ass fir den...

(Interruption)

Jo, de Centre d’intervention, dat ass d’Regierung...

» M. le Président.- Här Rapporteur, Dir wëllt d’Wuert?

(Interruption)

» M. Xavier Bettel (DP).- Jo. De Centre d’intervention Lëtzebuerg. Jo, dat ass den CI, Här Santer, fir d’véiert!

(Interruption)

» M. le Président.- Féiert keen Dialog, sot et haart, datt jiddereen et matkritt.

» M. Xavier Bettel (DP).- Et stëmmt, dass de Beräich vun deem CI méi grouss ass wéi d’Stad Lëtzebuerg, mä duerfir hu mer jo schonn zum Beispill d’Kameraen an Zesummenaarbecht mat der Police installéiert. Mir si frou selbstverständlech, dass dat, wat mer deemools zur Stad Lëtzebuerg gesot hunn, haut nach ëmmer stëmmt, mä deemools hu mer virgeworf kritt, dass mer e Sécherheitswahn hätten. Haut gëtt vun der CSV confirméiert, dass mer an déi richteg Richtung awer gaange waren, andeem mer gesot hunn, dass d’Presenz vun der Police um Terrain immens wichteg wär, soss wier doudséchter och net dës Regierung an d’Police mat eis als Gemeng op de Wee gaangen, fir verschidde Kameraen ze installéieren zesumme mat der Police, also dat

heescht indirekt jo och mat der Regierung, op deene sensibele Plazen, wat d’Gemeng Lëtzebuerg och e Batz Geld kascht huet, fir zesummen dee Projet kënnen ze maachen.

Mir hu selbstverständlech och wichteg fonnt, dass dee Projet mat de Kamerae soll gemaach ginn, soss hätte mer en och net gemaach. Dat, Här President, wollt ech dem Rapporteur just matdeelen.

Ech zitieren just, wann Dir mer sot, mir hätten e Sécherheitswahn, de Statsrot, dee seet: «En prévoyant une augmentation massive des effectifs de la Police, le présent projet affiche l’image de la politique sécuritaire du Gouvernement.»

Här President, ech soe just, dass dat, wat de Statsrot geschriwwen huet, dat ass, wat ech hei elo zitéiert hunn.

Et kann ee sech dann awer och déi Fro stellen, firwat et dann esou laang gedauert huet, fir dass déi Effektiver gehéicht ginn, well Här President, wann een dem Rapporteur säi Rapport liest, da steet do: «Or, il convient de tenir compte du fait que la Police se doit d’assurer une présence sur le terrain 24 heures sur 24 et sept jours sur sept.»

An hien entwéckelt dat weider, et kéint ee sech d’Fro stellen, wéi haut iwwerhaapt d’Police fonctionnéiert, ob se iwwerhaapt nach genuch Leit huet, fir kënnen normal ze funktionnéieren.

Et stëmmt souguer, Här President, dass verschidde Centres d’intervention, dat heescht net d’Commissariats de proximité, mä Centres d’intervention, net normal konnte funktionnéieren - wéi Elwen -, well net genuch Leit do waren!

Tatsächlech, wann Der d’Congéen huet an d’Leit, déi krank sinn, waren et net genuch Leit, déi op deene verschiddene Plaze geschafft hunn.

Plus nach déi grouss Politik, déi et bei der Police ginn ass vun den Détachementen, dat heescht, d’Leit sinn e puermol gerecht ginn op där enger Plaz an op där anerer Plaz, dat huet da jiddereen arrangéiert. Mä et schéngt jo, dat huet eis och deen neien Direkter vun der Police gesot, dass dat ënner deem neie Polizeidirekter net méi géif stattfannen. Ech muss lech soen, dass mer ganz frou waren, mat der Madame Colas a mam Här Nettgen kënnen iwwert déi verschidde Punkten an der Kommissioun ze schwätzen an och Erklärungen ze kréien.

Et ass elo eelef Méint virun de Wahlen. Elo gëtt op eng Kéier vu 500 neie Polizisten geschwat. Verschidde Leit kéinte mengen, d’Campagne électorale géif schonn ufänken, mä esou béis wëll ech op jidde Fall hei net sinn.

» M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Dat ass awer net wouer.

» M. Xavier Bettel (DP).- Neen, ech hu jo gesot, Här Rapporteur, verschidde Leit kéinte jo esou eppes behaupten. Ech rapportéieren hei just dat, wat d’Leit esou dobause soen. Ech hu jo net gesot, ech géif déi Meenung deelen.

Ech soe just, dass een op eng Kéier eelef Méint virun de Wahle seet, elo feele 500 Polizisten.

Äre Rapport, ech muss soen, ass wierklech ganz gutt, well et gesäit ee vun 2000 bis den 1. August 2007, dass eng Augmentatioun bei den Inspektoren vun 1.106 op 1.293 war. Dat ass eng kleng Hausse. Dat si knapps 10% an deene bal aacht Joer, déi komm sinn. Dat ass net vill. An dowéinsten kann ee sech op jidde Fall d’Fro stellen, firwat et esou laang gedauert huet, fir dass déi Hausse och kënn.

Da si verschidde Leit, déi soen, jo 500 Polizisten, dat ass wichteg fir d’Sécherheet vun de Bierger. Mir si ganz averstanen. Mir sinn och frou, dass d’Regierung averstanen ass, fir dass déi 500 Poliziste virun allem bei d’Commissariats de proximité an och bei d’PJ kommen.

Firwat bei d’PJ? Wann ee kuckt haut bei Failliten, wou de Juge d’instruction Aarbechte gëtt, wou Verjähunge kommen, wou d’Leit net poursuiviéiert ginn, an och nach duerno, nodeem schonn en Uerteel oder eng Enquête op jidde Fall do war, den Délai raisonnable duerno soulevéiert gëtt, einfach well d’Police net genuch Leit huet, fir déi Aarbecht kënnen ausféieren, virun allem bei der Police judiciaire. Duerfir ass et och ganz, ganz wichteg, dass bei der PJ nei Leit bäikommen.

Bei de Commissariats de proximité selbstverständlech och. D’Leit brauchen e bësse Presenz vun der Police. Et geet net duer, esou wéi et elo ass.

D’Polizisten huet een net onbedéngt gären, wann een an eng Kontroll geréit, wa

Schlaangen do sinn. Mir si selbstverständlech frou, wann déi 500 nei Polizisten net 500 nei Kontrollen elo erginn, déi op der Strooss solle stattfannen, méi se sollen um Terrain Presenz markéieren, fir preventiv ze schaffen.

500 nei Poliziste wëllt awer och net heeschen, elo einfach egal wien astellen a vun haut op muer soen, mir musse ganz vill nei Polizisten astellen. D'Qualitéit vun de Membere vun der Police grand-ducale ass nach ëmmer e Kritär, dee ganz wichteg ass. Do soll net dann elo en Nivellement vers le bas gemaach ginn, andeem gesot gëtt, mir mussen onbedéngt 500 Leit astellen.

Do sinn awer aner Leit, déi mer da soen, et wier och wichtig, dass ee bei der Police grand-ducale eng Formation continue hätt. An heiandsdo huet ee jo ganz oft och d'Gefill, dass verschidde Polizisten op déi eng oder aner Manéier vläicht op eng méi ondiplomatesch Aart a Weis géife mat deem engen oder mat deem aneren ëmgoen. Duerfir wier et och vläicht ganz wichteg, dass déi nei Membere bei der Police grand-ducale e Cours doriwwer kréichen. Ech weess net, ob dat offréiert gëtt, mä et misst op d'mannst offréiert ginn, fir dass se dat och léieren.

Ech krut nach d'lescht Woch, Här President, vu menger Aarbechtskolleegin heibannen erzielt - ech zitéieren elo keen Numm -, dat wär esou am Stil gewiescht: „An, Mod, bass de ze séier gefuer?“ oder am Stil „Bass de hei an eng Strooss gefuer, wou s de net häss dierfen?“ Dat geet net!

Ech krut dat hei vun enger Kolleegin erzielt, an do soll ee selbstverständlech op den „back to basics“ zrëckkommen, deen a gewësse Saachen, a verschidde Punkten op jidde Fall hei net onwichtig ass. Dat heescht, dass ee selbstverständlech och bei der Police dat soll ervirhiewen.

D'Police huet déi lescht Zäit vill schlecht Schlagzeile kritt. Dat soll awer net e generaliséiert Bild vun der Police sinn. Ech mengen, eis Police grand-ducale mécht ganz gutt Aarbecht all Dag, mä wéi gesot, déi 500 Leit sollen och déi richteg Formatioun dofir kréien.

Dann huet een och gelies, ob mat där Augmentatioun vun der Zuel vun de Leit, déi elo schaffe ginn, een net riskéiert, ze vill Offiziéier ze kréien. Et ass souguer zitéiert ginn, an ech hat och d'Fro gestallt, ob mer net e Waasserkapp kréie mat ganz ville Chefen a weíneg Leit, déi um Terrain da schaffen. Ech mengen, mat den Erklärungen, déi ech kritt hunn an der Kommissioun, kann een dat net behapten.

Déi Offiziéier sinn och ganz, ganz wichteg, a gleefft mer et, d'Offiziéier hunn eng wichtig Missioun. Haut ass nach en Uerteel gesprach ginn, dat heescht, muer wäert och nees an der Zeitung doriwwer geschriwwe ginn. D'Offiziéier hunn eng wichtig Missioun bei der Police.

Et ass och wichtig, dass déi net demoraliséiert sinn, well bei deenen d'Moral am Moment net grad topp ass, andeems se d'Gefill hunn, dass se déi ganzen Zäit op d'Fanger geklappt kréien. Si sinn an déi 60 a si kommen elo op 90 erop. Ech mengen, et ass wichtig, deenen och net d'Flemm anzedreiwen. Wann déi eng oder déi aner Affär geschitt ass, kann een dat op jidde Fall net generaliséieren.

Selbstverständlech soll och bei den Inspekteren op der Strooss an och dem Personnel civil, déi hir Aarbecht gutt maachen, net deen een oder aneren Eenzelfall en allgemengt schlecht Bild iwwert déi ganz Police ginn.

Wéi gesot, Här President, mir hunn deemools A gesot, da soe mer och haut B. Déi 500 nei Poliziste si wichteg fir de Corps. Mä, wann een de Rapport liest, kann ee sech froen, wéi haut d'Police iwwerhaapt nach ka fonctionnéieren.

Et gesäit een zum Beispill, wann ech de Rapport liesen, Här President, dass haut bei der Autobunnspolizei, der UCPR, 42 Leit do sinn. Wann ee bedenkt, 42 Leit, dat war gutt - ech hunn d'Zuelen net -, wéi virdru vläicht eng Autobunn war, d'Diddelenger Autobunn oder wéi eng et och war, mä haut ass d'Netz vun eisen Autobunnen vergréissert ginn, a wann Accidenter do sinn, muss direkt och d'Unité centrale de la police de la route do sinn. Et ass also ganz wichteg, dass do eng Augmentatioun kënn.

Wéi gesot, méi Poliziste soll net heeschen, méi Repressioun a méi Kontrollen. Au contraire, et wier och ganz, ganz wichteg, net ëmmer wëllen zum Beispill, den Här Braz hat dat schonn hei zitéiert, am Prisong wëllen an den Drot ze investéieren. Et wier wichteg, ze wëssen - an déi Zuelen hu mer net -, wat d'Zuel vun de Récidiven ass a wéi mer e Suivi pénal vun de Leit kënn maa-

chen, fir ze évitéieren, dass se nees Strof-täter ginn. Da wëll ech net soen, dass ee manner Poliziste géif brauchen, mä da kéinten d'Poliziste sech op déi Aarbecht konzentréieren, fir déi se och do sinn.

An dann, last but not least, ass eng grouss Diskussioun iwwert d'Aarbecht vun den Agents municipaux. Och wann dat elo net direkt an de Kontext vun dësem Projet de loi passt, wier ech awer frou ze wëssen, wou mer dru si mat de Kompetenze vun de Membere vun den Agents municipaux.

Wat sinn hir Méiglechkeeten? Hautdësdays kann en Agent municipal kee Procès-verbal schreiwen, wann Dir eng Infractioun zum Gemengereglement maacht. An duerfir wier et ganz, ganz wichteg, wann een op jidde Fall eng Kéier kéint kucken, wat d'Kompetenz ass.

Ech wëll elo net eng zweet Police kréien, net dass ech falsch verstane ginn, mä op d'mannst awer, dass d'Agents municipaux déi Gemengereglementer, déi mir och selwer stëmmen, weíni een d'Poubellen eraushëlt, weíni ee se nees eranhëlt, iwwert d'Infractiounen, iwwer verschidde Saachen, déi an engem Gemengereglement stinn, kënn kontrolléieren. Wéi gesot, Här President, no all deenen Explikatioune wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei och dësen Text hei stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Jean-Pierre Klein. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

Den Här Minister huet d'Wuert gefrot.

»»» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech wollt just - fir datt d'Deputéierten an och déi aner Leit, déi eis vläicht nolauschteren, verstinn - eng Präzisioun ginn zu Chifferen, déi den Här Bettel elo grad, menger Meinung no, net richteg genannt huet. En huet gesot, elo gi Leit agestallt, well déi lescht Jore si keng agestallt ginn.

Ech wëll soen, an dëser Regierung an an där virdrun, dat heescht an deenen zwou Koalitioune komme mer vun 1.200 Leit, déi mer an der Police haten am Joer 2000, dëst Joer op 1.500 Leit. Dat heescht, d'Zuel vun de Poliziste vum Joer 2000 bis haut ass ëm 300 eropgaangen. Et ass also net, datt dat en Effort ass, deen elo ufänt; deen Effort war considéabel an deene leschte Joren. Ech wollt just déi Chifferen hei ginn. Virdru sinn do net déi Chifferen am Detail zitéiert ginn an ech mengen et ass wichteg, datt ee sech kann e Gesamtbild maachen.

Merci.

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Den Här Bettel huet d'Wuert.

»»» **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, just wann Der erlaabt, ech hunn nämlech d'Zuelen elo net vun de Cadres supérieurs zitéiert, och net vun de Brigadieren, déi jo asprange fir lénks a riets kënnen hëllef ze goen, mä déi vun den Inspekteren, déi jo déi sinn, déi attachéiert sinn normalerweis och op engem CP oder engem Service central, an do ass eng Hausse, laut Rapport, vun 2000 bis 2007 - also, Här President, ech wollt dem Minister just dat zitéieren, wat den Här Rapporteur eis geschriwwe huet - vun 1.106 op 1.293; dat ass eng Hausse ongeféier vun 190, dat si manner wéi 10%.

Dat ass dat Eenzezt, wat ech gesot hunn. Ech hunn näischt wëlle falsch soen. Ech hu just hei d'Zuelen zitéiert vun den Inspekteren, déi do wierklech dann och attachéiert sinn.

»»» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Dat ass richteg. 200 Inspekteren an 100 Brigadieren an Offiziéier. Mä all déi dräi Kategorië schaffen.

(Interruption)

»»» **M. Xavier Bettel (DP).** - Et sinn net déi, déi um Terrain sinn.

»»» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Déi dräi Kategorië sinn och um Terrain, awer manner.

»»» **M. le Président.** - Merci. Elo huet dann den Här Klein d'Wuert. Här Klein, wann ech gelift.

»»» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir seng detailléiert Bericht-erstattung.

An de leschte Jore sinn hei zu Lëtzebuerg substanzuell Efforten ënnerholl ginn, fir d'Kriminalitéit ze bekämpfen. Et si vill juristesche Instrumenter geschafe ginn. De Polizeicorps ass opgestockt a perfektionéiert ginn. Dat huet ganz sécherlech och derzou bäigedroen, dass d'Sécherheetsgefill vun eise Bierger gestärkt ginn ass.

Dëse Projet de loi gesäit elo erëm eng Kéier vir, den Effectif légal vun der Police bis d'Joer 2015 vun 1.573 op 2.070 ze kréien, also ëm 497 Polizeibeamten ze erhéijen.

Wann een déi plakeg Zuel betruecht, kann engem dat als vill oder als ze vill erschéngen; a siwe Joer wisst d'Police grand-ducale personalméisseg ëm ee Véirel. Et muss een awer eng méi déif gräifend Analys vun dëser Personalopstockung maachen.

De Statsrot huet am Kader vun dësem Projet de loi eng méi déif gräifend Analys gefrot an huet gesot, déi hätt misse stattfannen, an e bemierkt: «(...) on aurait pu s'attendre à une analyse plus approfondie mettant en rapport la victimisation et la présence de la Police ainsi qu'à un bilan des effectifs de la loi de 1999 soumettant à un examen critique l'organisation adoptée».

Am Rapport ass opgelëscht, à titre indicatif, wéi vill zousätzlecht Personal fir déi verschidde Servicer virgesinn ass, ouni dass déi eenzel Zuelen explizit justifiéiert gi sinn.

A sengem Avis seet de Statsrot, dass no dëser Erhéijung bis 2015 Lëtzebuerg eng méi grouss Densité policière hätt wéi all seng Nopeschlänner a berëft sech dobäi op Chiffere vun 2001. Eng interessant Remarque, déi awer ze relativéieren ass, well anzwëschent vill vun onsen Nopeschlänner och méi Polizei agestallt hunn. Lëtzebuerg ass e souveräne Stat mat all deenen duerzou gehéierende Verlichtungen, déi dagdeeglech vill Polizeibeamten an Usproch huelen, notamment d'Unité de garde et de réserve mobile.

Trotz feelender Analys droen déi geplangte Personalverstärkunge villen lwwerleungen a Bemierkungen, déi d'Commission juridique an hirem Rapport am Kader vum Débat d'orientation zur Sécurité intérieure vum leschte Joer gemaach huet, zu engem groussen Deel Rechnung.

Et ass nämlech e Fait, dass munch Servicer vun der Polizei einfach ënnerbesat sinn. Ech denken do als Alleréischts u verschidde Commissariats de proximité a Centres d'intervention.

Den Effectif vun der Polizei muss an dëser Hisiicht adaptéiert ginn, fir der demographescher Entwécklung Rechnung ze droen an eng gesond Polizeipresenz um Terrain kënnen ze assuréieren. Ech begrëissen duerfir ausdrécklech, dass als éischt Prioritéit d'Verstärkung vun de Commissariats a Centres d'intervention virgesinn ass.

Dorobber bezunn hate mer an der Commission juridique am Rapport iwwert d'intern Sécherheet jo och scho festgehalten: «Un sous-effectif entraîne non seulement une désillusion de la population, qui est en droit d'attendre une présence policière dans un commissariat de proximité ou un centre d'intervention régional, mais aussi un coup au moral des effectifs, qui se voient confrontés à une charge de travail qu'ils savent ne pas pouvoir maîtriser nonobstant le recours à des heures supplémentaires.

C'est pourquoi une répartition des nouveaux effectifs dans les commissariats de proximité et les centres d'intervention doit devenir une priorité.»

Deen zweete Service, dee bei der Personalopstockung Virrang genéisze wäert, ass d'Police judiciaire, besonnesch am Hibleck fir méi effikass kënnen d'Wirtschaftskriminalitéit an déi sougenannte Cyberkriminalitéit ze bekämpfen, déi ëmmer méi un Importenz gewannen.

D'Police judiciaire muss duerfir dat néidegt Personal mat der néideger Ausbildung zur Verfügung gestallt kréien, fir géint dës komplex a schwiereg Phenomeener besser virgoen ze kënnen; esou wéi d'Commission juridique et och an hirem Rapport scho gefuerdert hat.

Dëse Malaisë wäert an deenen nächste Joren duerch dëse Gesetzesprojet Rechnung gedroe ginn.

Méi Visibilitéit dobausse vun der Polizei geet Hand an Hand mat enger gudder Kommunikatioun vun der Police mat de Bierger. Duerch déi Visibilitéit vun de Polizeibeamten an engem verbesserten Accueil an de verschiddene Polizeistatioune kann d'Vertrauen an d'Police gestärkt an d'Sécherheetsgefill verbessert ginn. D'Personalopstockung an dësem Sënn ass e Schratt an déi richteg Richtung.

Här President, d'Sécherheetsgefill an der Bevölkerung huet sech déi lescht Jore verbessert, wann och nëmme liicht; dat geet aus Ëmfroe vun der ILReS ervir, déi säit dem Joer 2001 am Optrag vun der Police grand-ducale all zwee Joer d'Sécherheetsemfanne vun der Populatioun analyséiert. Dës Statistike sinn awer mat vill Virsiicht ze genéissen, well d'Sécherheetsgefill vu subjektiver Natur ass a Statistiken nëmme bedéngt eppes aussoen.

Eng aner interessant Analys geet aus dem Eurobarometer vum leschten Hierscht ervir. D'Lëtzebuurger gesinn d'Insécuritéit als sechstgréisste Problem un. Si ass domadder als manner urgent aklasséiert wéi bei eisen europäeschen Nopeschlänner, wou d'Sécherheetsbedenken oft um Punkt 2 figuréieren. Dëst léisst och drop hischtléissen, dass et zu Lëtzebuerg mat der Sécherheet net ze schlecht bestallt ass.

Trotzdeem ass d'Délinquance am Joer 2007, an absoluten Zuele gesinn, net erofgaangen. Au contraire, si ass souguer méi staark gekomme wéi dat an de viregte Joren de Fall war. Statistiken am Rapport d'activité vum Ministère de la justice beleeeën dat. Waren am Joer 2006 nach 25.913 Gesetzeswidregkeeten - Verkéiersdelikter sinn do net abegraff - constatéiert ginn, esou sinn et der am Joer 2007 28.252; eng Hausse vu ronn 9%. Dobäi ass ervirzesträichen, dass besonnesch de Vandalismus, d'Abrech an d'Gewaltdelikter staark zougeholl hunn.

Wat sinn d'Ursaache vun dëser negativer Entwécklung? Verschidde Facteurs spillen eng Roll, ganz besonnesch:

1. D'Bevölkerung wisst, duerfir soen absolut Zuelen nëmme bedéngt eppes aus. Proportional zum Bevölkerungswuesstum ass d'Délinquance net vill geklommen.

2. Eng méi staark polizeilech Presenz an Opsicht zitt méi enregistréiert Strofdote mat sech. D'Zuel vun der Délinquance camouflée hëlt of.

3. D'Hemmschwell bei der Gewaltuwendung senkt.

Dat muss ee bedenklech stëmmen, dass d'Hemmschwell bei Gewaltuwendung senkt. Et ass e Gesellschaftsphenomeen, deen ee preventiv a laangfristeg ugoe muss, wou d'Ursaache sozialer, wirtschaftlecher an institutioneller Natur sinn. Duerch eng Bildungspolitik, déi all Kand eng Chance offréiert, duerch effikass Structures d'accueil a Kannerbetreuung souwéi eng verantwortlech Sozialpolitik an Immigrationspolitik kann de Stat hei am beschten entgéintwierken.

Repressiv Gesetzestexter schrecke sécherlech of, mä si erlaben et net, de Kär vum Problem unzepaken an ze léisen.

An anere Wieder muss d'Politik mat der Zivilgesellschaft op ville Fronte kohärent a vernetzt zesummeschaffen, fir dëse Phenomeen an de Grëff ze kréien.

Duerfir wëll ech e puer Wieder zu deenen ustehende Schoulreforme soen: Duerch een differenzéierten a méi individualiséierten Unterrecht avancéiert all Kand no sengem Rhythmus. Eng positiv Bewäertung an e kompetenzorientéierten Unterrecht stäerken d'Selbstvertraue vun de Kanner a gi jiddferengem eng reell Chance, am Liewen ze réusséieren, esou dass d'Erzéiung, d'Schoul zu der Reduzéierung vun der Délinquance wäert bäidroen.

D'Politik stéisst och un hir Grenzen. Eng gutt Erzéiung ass a bleift e wichtige Facteur, fir dass Kanner a Jugendlech net op déi falsch Bunn geroden. De Stat, deen hei eng komplementar Roll zu de Famillje spilt, kann net eleng fir d'Erzéiung vun de Kanner suergen. D'Familljen dierfen hei net déresponsabiliséiert ginn.

Ech erhoffe mer, dass duerch déi Personalverstärkunge vun de Commissariater, de Centres d'intervention, der Police judiciaire an deenen anere Servicer vun der Polizei d'Kriminalitéit méi effikass nach ka bekämpft ginn an d'Sécherheetsgefill vun de Bierger sech verbessert.

Duerch dat neit Immigrationsgesetz via déi nei Bestëmmungen, déi jo haut hei verabschit gi sinn, gëtt d'Police vu jëtzege Aufgaben an deem Beräich entlaascht. Et ass och elo grad scho gesot ginn: Den Appel

vun de Gemengen un d'Polizei wäert och deemnächst noloossen, wann d'Kompetenze vun den Agents municipaux erweidert ginn.

D'Agents municipaux, ouni eigentlech eng Parallellpolizei ze forméieren, sollen de Pouvoir kréien, fir Avertissements taxés ausstelle bei Verstéiss géint déterminéiert Bestëmmunge vu Gemengereglementer nieft Verstéiss am Stationéierungsberäich. Dat entlaascht d'Polizei vu mineuren Aufgaben, an doduerch ka se sech mat méi seriöse Missiounen ofginn. Et wäert och d'Gemenge méi berouegen, dass se och do en Echo fannen an dass se hir Reglementer méi wéi bis elo an der Vergaangenheet mat enger méi grousser Effikassitéit ausgefouert kréien.

Niewent de polizeileche Moossnamen dierfe mer och net vergiessen, an deenen anere Politikfelder weider um Ball ze bleiwen, fir eis Gesellschaft méi sécher ze maachen.

Mat dësem Projet de loi kréie mer e weidert Instrument an der Bekämpfung vun der Kriminalitéit an der Stärkung vum Sécherheetsgefüll fir eis Bierger. Duerfir gött och d'LSAP-Fraktioun hiren Accord zu dësem Projet de loi.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Très bien!

(*Hilarité*)

» **M. le Président.** - Merci, Här Klein.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Wann Der nëmmen dräi heibanne sinn, mussen déi méi haart jäizen.

(*Hilarité*)

» **M. le Président.** - Deen nächste Riedner ass den Här Braz.

(*Interruptions diverses*)

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - En ass amgaang z'iessen.

» **M. le Président.** - De Minister wäert nolauschteren.

(*Interruptions diverses*)

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - En ass amgaang, e puer Rouder ze vernichten.

(*Interruptions diverses et hilarité*)

» **M. le Président.** - Här Braz, wann ech gellift, huet lech d'Wuert a maacht Ären Exposé. Merci.

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*). - Merci, Här President. Ech wëll aganks fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Santer, Merci soe fir d'Aarbecht an der Kommissioun an och fir de schréftlechen a mëndleche Rapport.

Mir hunn also haut e Projet de loi op der Dagesuerdnung, deen den Effectif théorique vun der Police soll via Gesetz ofännere par rapport zum Gesetz vum 31. Mee 1999, no deem den Effectif 1.573 Unitéiten ass. Deen Effectif soll bis Horizont 2015 eropgoen op 2.070 Unitéiten.

Mir sinn als gréng Fraktioun, wéi d'Virriedner och, mam Statsrot net enger Meenung. Mir menge schonn, dass de Wee iwwert d'Gesetz de richtege Wee ass, fir dës Modifikatioun virzehuelen. De Statsrot, deen a sengem Avis och déi eng oder aner méi kritesch Remarque gemaach hat, huet notament eng Formule gebraucht, déi bei de Kollege vun der Majoritéit net op schrecklech vill Begeeschterung gestouss ass. En huet nämlech geschriwwen, an dësem Projet de loi géif d'Regierung d'Image vun hirer Politique sécuritaire e bëssen erauskeieren.

Et ass wouer, dass d'Zuel vun de Poliziste gewuess ass, net nëmme mat dësem Gesetz. Wa mer d'Inspekteren an d'Brigadiere zuesammerechnen, leie mer vun 2000 bis 2007 bei enger Augmentatioun vu 25%. Woumat mer den Effectif théorique légal vum 99er Gesetz elo praktesch erfëllt hunn. Am Laf vum Joer 2008 misste mer eigentlech iwwert deen Effectif théorique kënnen erausgoen, wat och mat sech bréngt, firwat dass mer d'Gesetz dëst Joer nach musse stëmmen.

Opgrond vun dësem Gesetz sollen dann ab 2008 inclus bis wéi gesot Horizont 2015 nach eng Kéier ronn - den Här Klein sot 25%, mir kommen op - 33% Poliziste bäikommen. Ech mengen och, dass d'Augmentatioun éischter bei 33% läit, wat nach eng Kéier eng zolidd Augmentatioun ass.

De Virwurf vun der Politique sécuritaire, deen de Statsrot formuléiert, kéint d'Regierung enträften, wa se géif op déi Kritik agoen an eiser Meenung no och déi Zuelen, déi am Projet de loi uviséiert sinn, géif anescht begrënnen.

Ier ech awer dorop aginn, wëll ech nach eng Kéier oder iwwerhaupt emol soen am Numm vun der grénger Fraktioun, dass mer d'lescht Woch op der Televisioun eng Interventioun vum Minister héieren hunn, vun där ech soe muss, dass se mech e bësse perturbéiert huet, an deem Sënn, well mer bis elo an de leschte Joren zumindest op Dosieren, déi am méi breede Sënn vum Wuert mat der Police, mat der Sécuritéit, mam Prisong ze dinn haten, an aller Regel probéiert hunn, eng sachlech Debatt ronderëm déi Froen ze féieren, eng Debatt ouni Ennerstellungen.

De Minister war méi wéi eemol och scho méi schlecht drun. Notamment ronderëm d'Evasioun vum Nuka Kujtim an aner Episoden, déi zum Beispill am Prisong stattfonnt hunn. Mir haten an aller Regel eng Debatt an dësem Haus, déi wéi gesot relativ sachlech war a wou keng Ennerstellungen gemaach gi sinn.

Ech schwätze vun där Remarque vum Minister d'lescht Woch an engem Bericht op der Televisioun, an deem ech och zu Wuert komm war, fir d'Kritik vun der grénger Fraktioun virzedroen, déi Remarque, wou hie sënngeméiss gesot huet, dass deene Leit, déi dat heiten elo net géife stëmmen, d'Sécherheet egal wär. Sou hutt Der lech ausge-dréckt.

Ech muss lech soen, Här Minister, eis ass d'Sécherheet net egal!

» **Une voix.** - Dem Minister och net!

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*). - Grad esou wéineg - huelen ech emol un - wéi se lech net egal ass.

Mir hunn eng Rei Leit an der grénger Fraktioun, déi a kommunale Responsabilitéite sinn an déi do och à ce titre eng Aarbecht maachen, déi am Beräich vun der Sécuritéit läit.

An ech muss soen, Här Minister, wann Der d'Debatt ronderëm dës Themen op deen doten Niveau wëllt hiewen, wann Der also jiddferengem, deen net mat allem, wat Der sot, an net mat allem, wat Der proposéiert, averstanen ass, ennerstellt, d'Sécherheet wär him egal, da kréie mer effektiv hei am Land ronderëm dës Themen an Zukunft eng aner Aart a Weis, fir mateneen ze diskutéieren.

Mir géifen dat bedauern, well mer halen dat heite fir e ganz seriöse Projet, e sensibele Sujet, wou ee soll probéieren, no Méiglecheek mat sachlechen Argumenter ze begrënnen, firwat ee fir eppes ass a firwat een eventuell net fir eppes ass.

Mä den allgemenge Virwurf, dass hei Leit heibanne wieren, notament ënnert deenen, déi lech kritiséiert hunn, deenen d'Sécherheet, wéi Dir sot, egal wier, trëfft net zou. Et trëfft och net zou, dass Dir dann deen Eenzege vläicht wiert, deem d'Sécherheet net egal wier.

A wann Der kucke gitt, wou wéi eng Aarbecht gemaach gött, da mengen ech, da wiert Der notament an deene gréissere Gemengen am Land, wou eng ganz Rei Kollegen aus der Grénger Partei an der Verantwortung sinn, schlecht drun, ouni déi Zesummenaarbecht, déi an de leschte Joren op enger Rei och vu méi sensibele Punkte stattfonnt hutt, well déi Problemer hutt Der nach laang net eleng geléist kritt - nach laang net eleng geléist kritt!

A wa Problemer nach ze léise sinn, da läit deen Undeel un deene Problemer, déi ze léise sinn, méi héich bei lech wéi bei de Leit an de Gemengen, déi do Demandeur si fir Solutiounen, Solutiounen, déi Der haut nach net iwwerall konnt bréngen.

Duerfir menge mer, dass et besser wär, wa mer eis alleguerte géife beherrsche bei deem heiten Dossier an der Aart a Weis, wéi mer debattéieren, wéi mer elo nolauschteren oder och net, wéi mer géifen an dësem Dossier also mateneen ëmsprangen.

Dat doten ass eiser Meenung no net dee richtege Wee, wéi Der dat probéiert hutt, do op der Televisioun auszedrécken.

Dir hutt och bei där Geleeënheet gesot, Dir wäert och verwonnert iwwert déi Kritiken, well déi meescht kéime jo op Esch an an d'Stad. Ech hunn de Säitenhieb verstanen.

Wat awer net richtig ass! Prozentual kommen der genausou vill an d'Stad, et kommen der genausou vill op Esch, genausou vill op d'Kap, genausou vill op Miersch.

Et ass also net wouer, dass déi meescht dohinner kommen. Prozentual sinn d'Augmentatiounen iwwerall bei 30%. Et kommen der vill méi bäi an der Police judiciaire, wat mir begrëssen; et kommen der vill méi bäi bei der Police de la route. Et ass eng Augmentatioun am Beräich vun 72%, déi Augmentatioun, déi gemaach gött, wat also d'Capacitéit vun der Police, fir am Verkéiersberäich méi ze kontrolléieren, ganz zolidd wäert eropsetzen. Beim Flughafe komme 40% derbäi. Et ass also praktesch an all de Servicer, wou Augmentatiounen gemaach ginn, eng Prozentual méi héich Augmentatioun wéi dat, wat an déi eenzel Kommissariater kënnt. Also war déi Ausso, esou wéi Dir se gemaach hutt, net richtig.

Eng drëtt Remarque: Et steet am Projet de loi, et géif uviséiert ginn, am Joer 2015, Horizont, déi Augmentatioun vun 500 Leit ofgeschloss ze hunn. Dat ass mat Sécherheet net méiglech, well mir hunn, wa mer 2008 nach mat berücksichtigten, siwen utile Joren, gutt gewëllt och nach acht, wann een oprënnt, a mir wëssen, dass d'Police-schoul ronn 60 Leit pro Joer ka fäerdeg forméieren. Dat mécht op acht Joer gerechent net grad 500 Agenten, déi kéinten duerch d'Policeschoul goen, also ofschléissen.

Allerdéngs feelt do eppes an där Rechnung, nämlech all déi Leit, déi am selwechten Zäitraum an d'Pensioun ginn, déi also d'Police verloossen. An dat sinn der och net wéineg. Bei engem Effektiv vun 1.500, 1.600 Leit, a komm mer soe 35 Déngschtjoren an der Moyenne an der Police oder och nach 40, da weess een, dass der tëschent 35 a 40 pro Joer wäerten d'Police verloossen. Et wäert dann och en Deel vun den neien Agenten, vun den neie Polizisten, der Policeschoul zougewise ginn. Déi wäert also hir Capacitéit kënnen e bëssen eropsetzen am Beräich vun der Formatioun.

Mir wäerten also e bësse méi héich wéi 60 Leit pro Joer kënne goen, mä trotzdem, mat deenen Öfgäng, déi och all Joer ze verzeche sinn, wäerte mer mat Sécherheet net 2015 deen doten Effectif théorique erreecht hunn, an emol net am Joer 2020. Et ass also och net richtig ze behaupten, dass een 2015 all déi dote Poliziste schonn derbäi hätt. Dat wäert mat Sécherheet net de Fall sinn.

Et ass virdru scho vun eenzelne Virriedner verwise ginn op déi Diskussiounen ronderëm d'Sécurité intérieure, déi mer d'lescht Joer hei gefouert hunn. Do ass eng Motioun gestëmmt ginn, déi eng ganz Rei Saache beinhalt huet, an et ass drop verwise ginn, dass dëst Gesetz eng vun den Ëmsetzungen wier vun där Motioun, déi mer gestëmmt hunn.

Et ass net eng vun den Ëmsetzungen, et ass déi eenzeg! Wann een déi Motioun eng Kéier duerchliest, waren do eng Rei ganz pertinent Saache proposéiert ginn. Déi Motioun hat och eng breet Zoustëmmung hei am Haus fonnt. Bis elo huet d'Regierung nëmmen eppes gemaach: méi Leit. Dat heescht, de ganze Reformäifer, déi ganz Ambitioun, fir déi Aarbecht ze verbessern, resultéiert no engem Joer doranner, déiselwecht Aarbecht mat méi Leit ze maache wéi virun engem Joer. Dat ass keng grouss Ëmsetzung vun där Motioun, déi mer hei eestëmmeg ugeholl hunn.

Eis Kritik un deem, wat hei geschitt, ass net, dass mir soen, dass keng weider Polizisten, Inspekteren, Brigadiere géife gebraucht ginn. Mat Sécherheet net! Mir hunn eng Rei vun Engagementen, international Engagementen. Mir hunn eng Rei vu Gesetzestexter gestëmmt, déi et noutwendeg maachen, dass een eng Rei vun Agenten zousätzlech bäikritt. Dat ass ganz kloer. Mir wëssen och, dass am Beräich vun der Proximitéit nach ganz dättelech Verbesserungen ze maache sinn.

Wat mir awer bemängelen, dat ass, dass d'Regierung déi Zuel vu 500 Leit net ausräichend begrënnt huet. Si begrënnt dat zu engem Deel mat deene Saachen, déi ech elo genannt hunn. Dir invoquéiert souguer, Här Minister, de Centre de rétention, deen hei géif mat méi Leit zu Buch schloen. Dat ass an engem äusserst, äusserst klenge Mooss nëmme wouer. Wann iwwerhaupt ee muss dostoen, esou ass dat fir eng Rei Leit eng nei Informatioun gewiescht, dass do d'Polizei misst present sinn. Mä Dir begrënnt en Deel vun deene 500 Leit mat deenen elo genannten Argumenter vun den internationalen Engagementen respektiv Gesetzer, déi mer gestëmmt hunn.

Wat elo en aneren Deel vun deene 500 Leit betrëfft, esou gött do pauschal op eng Augmentatioun vun der Populatioun, op en Zou-

huele vun der Zuel vu Leit, déi sech daags-iwwer hei zu Lëtzebuerg ophalen, verweisen. Zu deenen Zuelen, déi elo am Rapport virleien, ass och ze soen, dass déi Zuelen net beim Projet de loi derbäilouchen. Dass iwwerhaupt Zuele genannt gi sinn, fir ze wëssen, wéi eng Servicer sollen ëm wéi vill Unitéiten opgestockt ginn, ass domadder ze erklären, dass déi nëmmen hei geliiwert gi sinn, well déi gréng Fraktioun an der zoustänneger Kommissioun dat gefrot huet. D'Regierung selwer huet et net fir utile ugesinn, fir eng Augmentatioun vun der Police 500 Unitéiten, 33%, ze begrënne mat der Affektatioun vun deene 500 Leit. Eréischt op Nofro hi krut d'Parlament Zuelen zougestallt, a wéi enge Servicer solle wéi vill Leit bäikommen. Dat geet awer als Begrënnung nach net duer.

Dat Zweet, wat feelt - dat ass awer e wesentleche Punkt an dat huet och de Statsrot a sengem Avis, wéi mir fannen zu Recht, bemängelt -, dat ass, dass ee seet, wéi e Problem mer léise wëllen an dann och genee erkläert, wéi vill Leit noutwendeg sinn, fir dee Problem ze léisen. Wann ee seet, mir hunn e Problem an deem Beräich, an dësem Secteur, da sollt ee fir d'éischt analyséieren, wéi eng verschidde Moyenen een huet, fir dee Problem ze léisen, mat preventiven Instrumenter, mat Mesuren aus anere Ministèren, aus aneren Departementen, mat ONGen, an duerno eréischt sollt ee kucken, wat déi Part résiduelle ass, déi tatsächlech muss mat Leit aus dem repressive Secteur - an där wäerten der mat Sécherheet och derbäi sinn - kënne geleescht ginn.

Déi Analys do hätt och e Bilan vun der aktueller Policeaarbecht misse beinhalten, well do leeft jo net alles wéi een et gären hätt, do si jo och Schwierigkeiten, dat hu mer d'lescht Joer bei där Diskussioun ronderëm d'Sécurité intérieure erausfonnt. Et hätt ee sech also och, eiser Meenung no, misse mat engem Deel Bilan beschäftegen, an et hätt ee missen d'Problemer kloer benennen, déi ee wëllt léisen, an dann hätt ee sech kënnen am Detail doriwwer ennerhalen, wéi eng Moyenen de Stat muss affektéieren, y compris Moyens policiers - mä net nëmme Moyens policiers -, fir deenen dote Problemer kënne bäizekommen.

Lëtzebuerg ass e liberaalt Land, et ass en oppent Land, e fräit Land, wou am Prinzip Vertrauen an d'Bierger gestallt gött, wou ee grondsätzlech dovun ausgeet, dass een de Bierger ka vertrauen, a wou een net grondsätzlech dovun ausgeet, dass d'Problemer nëmme mat Police kënne geléist ginn. Dat ass wuel net ze évitéieren, mä et ass net den éischte Wee, et ass dee leschte Wee. Déi doten Analys, déi dote kloer Aussoen, déi doten Äntwerten, déi ass d'Regierung schëlleg bliwwen.

Mir stellen eis just eng Sekonn vir, dass en anere Minister aus engem aneren Departement an eng Commission juridique oder an déi zoustänneg Commission parlementaire géif kommen a soen: Ech brauch fir meng Verwaltung eng Augmentatioun iwwert déi nächst siwen, acht Joer am Beräich vun 33%, an e géif e Projet de loi maache wou e seet: Ech hätt gär fir meng Verwaltung 33% bäi. Ech géif gäre gesinn, ob et iergendeen Departement géif ginn, wat esou duerch d'Parlament kéint spadséieren.

Hei ass spadséieren dat falscht Wuert, well dat ass och nach an engem ganz séieren Tempo gaangen: Den Dépôt war den 21. Abrëll an de Vote den 9. Juli. Dat si knapps zwee an en hallwe Mount fir eng Augmentatioun vun 33% an Ärer Verwaltung.

Eigentlech misst een lech bal dofir félicitéieren. Dir hutt do eppes fäerdeg bruecht, wat ni méi en anere wäert fäerdeg bréngen. Ni méi, well keen anere Minister kéim an enger Kommissioun an hei virum Parlament derduerch, wann dee géif kommen a soen: Ech sinn zoustänneg fir d'Sécurité sociale oder fir Sozialpolitik oder fir Aarbechtsmaartpolitik, ech hätt elo gären 33% bäi. Déi géift Dir net kréien. Dee misst, fir nëmmen ee bäizekréien, dräi Säiten Argumentaire am Detail développéieren, an hie wier frou, wann hie laanscht en Audit kéim, ier hien deen dote géif kënne kréien.

Dat fanne mir och normal, dass een dat muss begrënnen. Wann ee méi Moyennë wëllt, an et läit keng Fiche financière derbäi, mam Verweise, dass dat dann all Joer iwwert d'Loi budgétaire geschitt, ass dat trotzdem net richtig. Et wier méi richtig gewiescht, dat unhand vun enger Fiche financière ausweisen an ze soen: Dir musst mat enger Augmentatioun a folgendem Mooss vun den Dépensé wéinst der Polizei iwwert déi nächst Jore rechnen. All anere Minister wär domadder hei net duerchkomm, an zu Recht.

Mir fannen eben - an dat ass eis Kritik -, dass Dir d'Argumenter net geliwwert hutt, fir ze soen: Dat ass de Problem, dat sinn déi

verschidde Moyenen, déi de Stat huet, mir wëlle se esou an esou opdeelen iwwert déi nächst Joren, an dat ass den Deel, d'Part policière, dee mer wëllen asetzen. Dann hätt Dir och mat Sécherheet eis Zoustëmmung kënnen kréien, wann dat propper a korrekt begrënnt gewiescht wier. Mä dat ass net de Fall, an domat hu mir e Problem.

Duerfir wëlle mer och haut zwou Motiounen déposéieren un d'Adress vun der Regierung. Eng éischt betrëfft de Verweis op aner Haiser an de Verweis op ONGen, déi am Beräich vun der Délinquance juvénile, vun där sougenannter petite délinquance an anerer nach schaffen. Am preventive Beräich kann ee mat Sécherheet ganz vill maachen an esou verhënneren, dass déi Leit herno an de Giron vun der Police, an de Giron vun der Justice zum Deel eran- an erofgezu ginn, mat all deem, wat dat fir déi Leit an der eegener Biographie bedeit. Mir mengen also, dass et do besser Moyenë gëtt.

D'Police affichéiert och de Wëllen, selwer preventiv Aarbecht ze maachen. Dat ass sécher luewenswäert, mä et ass net un der Police, dat als Éischt ze maachen. Preventiv Aarbecht mussen anerer als Éischt maachen, mat aneren Aarbechtsmethoden, déi aus dem Sozialberäich, aus der Sozialpolitik erauskommen. Do mussen och Moyenen investéiert ginn, an duerfir proposéiere mer der Regierung, dass se bis 2015 an deenen dote Beräicher deene Verwaltungen an deenen ONGen, déi do aktiv sinn, eng Augmentatioun vun de Moyenen zur Verfügung stellt an därselwechter Proportion wéi dat, wat elo d'Police zur Verfügung gestallt kritt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que le Gouvernement a proposé à la Chambre de porter l'effectif légal de la Police de 1.573 unités à 2.070 unités (policières et civiles) en 2015;*

- *considérant que même si le travail de police peut comporter des éléments d'activités préventives ces missions préventives ne doivent en règle générale pas être dévolues aux forces de l'ordre;*

- *constatant que l'évolution de ce qu'il est convenu d'appeler la petite délinquance, de la délinquance juvénile et des actes de vandalisme n'est pas suffisamment prise au sérieux, ce qui aboutit souvent à confiner les auteurs de ces actes dans leur situation entraînant la répétition de ces actes;*

- *soulignant que ces faits sont souvent l'acte de personnes marginalisées agissant seules ou en groupe;*

- *soulignant que la prévention et le suivi social de proximité sur le terrain sont le meilleur moyen pour améliorer durablement la situation;*

- *que les moyens financiers et surtout humains prévus pour ce travail restent insuffisants;*

invite le Gouvernement

- *à augmenter jusqu'en 2015 les moyens globaux mis à disposition des organisations et administrations chargées du travail socio-éducatif lié à la prévention de la petite délinquance et des différentes formes de délinquance juvénile (p.ex. «streetworkers») et du suivi social de ces personnes dans les proportions de l'augmentation aujourd'hui accordée aux services de la Police grand-ducale.*

(s.) Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox, Viviane Loschetter.

Eng zweet Motioun - an da sinn ech scho fäerdeg, Här President - ass, fir nach eng Kéier op déi Diskussioun anzegoe vun den Agents municipaux. Och dat huet eng Inzidenz op d'Zuel vun de Polizisten, déi gebraucht ginn. Mir hunn an der Chamber d'lescht Joer an der Motioun bei der Debatt iwwert d'Sécurité intérieure iwwert d'Agents municipaux geschwat a gesot, dass een do endlech misst weiderkomme mat de Kompetenzen, déi déi Leit kënnen hunn am Beräich vun de Règlements généraux communaux de police, am Beräich vun der Hygiène, am Beräich vun der Circulation beispillsweis an de Foussgängerzonen, am Beräich vun der Vente sur trottoirs oder op Terrassen, an enger ganzer Partie Hygienesberäicher, wou nach Kompetenze bäikomme kënnen.

Deemno wéi déi Diskussioun do ausfällt, brauche mer déi Effektiver net am Beräich vun der Police. Also fuerdere mer d'Regierung elo op, e Projet de loi op den Dësch ze leeën a Fuerf ze bekennen op där doter Fro an endlech och déi zwee Règlements grand-ducaux ze produzéieren, déi zënter 1988 am Artikel 99 vun der Loi communale drop waarden, endlech Realitéit ze ginn am Beräich vun den Agents municipaux.

Mir erwaarden och, dass d'Police, wann déi Diskussioun mat den Agents municipaux weidergeet, derfir suergt, dass d'Police an deene Gemengen, wou keng Agents municipaux sinn - well dat sinn nach ëmmer déi meescht -, awer hir Aufgabe wouerhëlt, well et ass an deem dote Beräich, wou d'Police haut sech ganz schwéierdeet, all déi Missiounen kënnen ze erfëllen.

Mir fuerderen d'Regierung och op, wann déi Diskussioun iwwert d'Agents municipaux fäerdeg ass, dat och ze berücksichtegen an hirer Tabelle de recrutement vun der Police, well dat eent huet mat deem aneren ze dinn an et kënnen net op all de Fronten ëmmer nëmme permanent Augmentatiounen gemaach gi vun der Zuel vun Agenten.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant que le contrôle du respect de nombreux règlements communaux est de la compétence de la Police grand-ducale;*

- *constatant que la Police grand-ducale peine à remplir ces missions;*

- *considérant que les agents municipaux pourraient utilement épauler les forces de la Police grand-ducale dans l'exécution de certaines de ces missions;*

- *soulignant que le règlement grand-ducal déterminant les conditions de formation, de recrutement et de rémunération des agents municipaux ainsi que le règlement grand-ducal fixant les conditions dans lesquelles les agents municipaux pourront constater des contraventions aux règlements communaux font toujours défaut;*

- *rappelant sa motion votée le 4 juillet 2007 dans le cadre du débat sur la sécurité intérieure;*

invite le Gouvernement

- *à présenter dans les meilleurs délais un projet de loi sur l'extension des compétences des agents municipaux au respect d'un certain nombre de règlements communaux (p.ex. ceux relatifs à l'hygiène, aux foires et marchés, aux terrasses et ventes sur trottoirs, à la circulation dans les zones piétonnes ou encore à la police des bâtiments) et les règlements grand-ducaux prévus à l'article 99 de la loi communale;*

- *à aviser la Police grand-ducale ainsi déchargée de mieux assurer le respect des règlements communaux dans les villes et communes qui ne disposent pas d'agents municipaux;*

- *à tenir compte de l'évolution des compétences et du nombre des agents municipaux dans le recrutement des agents de la Police grand-ducale.*

(s.) Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox, Viviane Loschetter.

Mat deene Remarquë soen ech fir déi gréng Fraktioun, dass mer also eis Zoustëmmung zu dësem Text net ginn an eis beim Vote wäerten enthalen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een d'Statistike vun Eurostat kuckt, da gesäit een, dass hei zu Lëtzebuerg, wat d'Crimes et délits violents ugeet, eng konstant Steigerung an de leschte Jore war vu 5%. Dat heescht vu Crimen an Delikten, wou iergendwéi Gewalttaten ugewannt gi sinn. An där ganzer Zäit sinn d'Policeeffektiver liicht gestigen.

Mä wou si se gestigen? Uewen an der Administratioun, notament am Service presse et relations publiques, do sinn d'Effektiver gestigen. Do, wou se net gestige sinn, dat ass an de Kommissariater, also do, wou d'Aarbecht um Terrain muss gemaach ginn.

Ech wëll do nuren d'Gare als Beispill huelen. Do ass den Taux vu Kriminalitéit am héchsten hei am Land. Do ass an de leschte Jore keen ee Mann bäikomm an deem Service, obwuel d'Kriminalitéit do spronghaft an d'Luucht gaangen ass.

Resultat: D'Police kann nure méi reaktiv wierken, dat heescht wierken, wann iergendeng Infractionioun muss constatéiert ginn. Si huet do um Terrain preventiv iwwerhaapt keng Aktivitéit méi.

Dat ass de Bilan gewiescht vun de leschte véier Joer. Duerfir verstinn ech och, dass d'Regierung gesot huet, elo musse mer ee Joer virun de Wahlen awer en Effet d'annonce maachen a soen, mir géifen awer elo nees Personal astellen.

Et ass och eng Noutwendegkeet, fir erëm anzestellen, mä nach muss ee sech d'Fro

stellen, ob dat an de richtege Proportionen ass. D'Regierung ass higaangen an huet d'Evolutioun vun der Population active als Argumentaire geholl. Si huet also gesot, well ëmmer méi Frontalieren do sinn, musse mer méi Polizisten engagéieren.

Dat zitt dann no sech, dass zum Beispill d'Effektiver vun der Stroossepolizei ëm 71,43% solle steigen, en nombre absolu 30 Unitéiten. Datt een d'Effektiver vun der Police muss héije weinst der Augmentatioun vun de Frontalieren, schéngt mer elo awer eng falsch Approche ze sinn.

Woufir? Well, wa mer effektiv nach weider an den nächste Jore 5 bis 6.000 zousätzlech Frontalieren an d'Land schaffe kréien, da brauche mer iwwerhaapt keng Police de la route méi, well da steet d'ganzt Land hei am Stau.

Duerfir wëll ech also just soen, dass ee mat esou Zuelen a Vergläicher vun der aktiver Bevölkerung op jidde Fall éischter e konträert Argument géif fannen.

Par contre hunn ech mer dunn erlaabt, fir d'Effektiver vun der Police ze vergläiche mat der Population. Do hate mer also ee Polizist op 364 Leit - dat war am Joer 2000. Den 1. September 2007 hate mer der 1.519, dat mécht ee Polizist op 313 Awunner.

Wann déi Projektione vum Statec richteg sinn, dass mer am Joer 2015 500.000 Awunner hätten, a wann de Projet de loi gestëmmt gëtt, wieren et 2.070 Polizisten, da géif dat ee Polizist op 242 Awunner maachen, wat also eng staark Augmentatioun vun der Densité policière duerstellt.

Am Vergläich...

» **Une voix.** - Zielt Der d'Frontalieren net mat?

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech huelen d'Frontalieren net mat, well ech gesot hunn, dass dat e falscht Signal ass.

Ech hunn d'Zuele vun der Belsch a vu Frankräich geholl: Do leie mer bei 269 respektiv 267 Awunner fir ee Polizist.

Mir kënnen also mat där Augmentatioun vun der Police d'accord sinn, mä mir reservéieren ons, fir verschidden Adaptatiounen a Prioritéite vun der Regierung, wou dat zousätzlecht Personal agesat soll ginn, Joer fir Joer awer kritesch ënnert d'Lupp ze huelen.

Fir ons ass kloer, fir d'éischt sollen d'Polizeieffektiver do gehéicht ginn, wou et absolut noutwendeg ass, dat heescht an de Kommissariater, do, wou d'Kriminalitéitsraten a konstanter Augmentatioun sinn. Dat schéngt mer absolut prioritär ze sinn.

Da muss een awer och soen, dass Dir mat deem Effet d'annonce, deen Der hei maacht, eng Planifikatioun anonncéiert, déi een och gutt kann novollzéien. Mä Dir wäert domadder awer bei Ären anere Kolleege Ministeren héchstwahrscheinlech och Leit fannen, déi soen: Majo, ech bräicht och e Plan de recrutement pluriannuel fir déi nächst Joer.

D'Fro, déi sech stellt, ass: Wou fanne mer all déi Leit? Dat ass eng vun deenen Debatten, déi awer och nach eng Kéier muss gefouert ginn, well déi Leit hei musse jo net nure Lëtzebuerger sinn, d'Lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, si mussen och nach en Exame packen.

Wa mer elo scho bei deem Exame sinn, da wëll ech och drop hiweisen, dass e gudden Deel vun onser Populatioun sech iergert iwwert déi Aart a Weis, wéi verschidden Dealer vun der Police, notamment d'Police de la route, mat hinne ëmsprangen, deen Ablack wou eng Infractionioun constatéiert gëtt, wéi en Délit de vitesse.

(Interruption)

Do mengen ech, dass et heiansdo misst e Cours de formation gi fir Verschiddener. Wann ee mat 180 à l'heure duerch eng Stad fiert, da verstinn ech, dass den Toun e bësseleche méi sec ass, wéi wann ee mat engem liichten Dépassement de vitesse an der Stad fiert,...

» **Une voix.** - Mam Vëlo!

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - ...wat jo och relativ exzessiv ass, wat och eng Infractionioun ass, déi och protokolléiert soll ginn, mä nach mengen ech, dass awer - le ton fait la musique - fir d'Akzeptanz bei der Bevölkerung do en anerem Toun ugeschloe misst ginn.

(Interruption)

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Da wëll ech nach op eppes hiweisen, wat hei aus der Press erauskomm ass a wat ech och nach gentiment vun der Police geschéckt kritt hunn. D'Police huet am Mount

Juni eng Campagne de sensibilisation gemaach - esou huet se dat genannt - fir d'Motocyclisten.

Ech hat geduecht, déi Campagne de sensibilisation, dat wier, d'Motorradfuerer unzehalen an eventuell e klengen Trakt ze iwwerreechen, fir ze soen: Wann ech gelift, passt op. Dir muss déi an déi Reglementer respektéieren.

Wat awer geschitt ass, dat ass, dass d'Leit wuel esou e klengen Trakt kritt hunn, mä d'Polizisten hunn an engems 715 Verstéiss an zwou Woche festgehalen. Dat nennen ech net eng Campagne de sensibilisation, dat nennen ech eng Campagne de répression.

Dat mag sinn, mä ech hätt se no der Campagne de sensibilisation gemaach, dat heescht fir d'éischt d'Leit gewarnt an opmierksam gemaach op verschidde Saachen, ier een da ganz repressiv wierkt.

Wat d'polizeilech Prisongseffektiver ugeet, also déi Polizisten, déi sech ëm de Prisong këmmere, och do muss ee vläicht iwwerleeën, ob een net eng Alternativ fënnt dozou. Well wann een heiansdo gesäit, wat fir en Opwand d'Police muss maachen, fir eng Persoun vum Prisong bei de Juge d'instruction ze bréngen, dass een d'Helikopteren do huet, dass et schwaarz vu Leit ass, Leit mat Masken a Gewierer, do froen ech mech, ob et net besser wier, wann een dem Juge d'instruction eng Indemnitéit géif ginn, fir dass e mam Greffier bei de Prisonnéier an de Prisong fiert, anstatt mat der Polizei de Prisonnéier vum Prisong bei d'Gericht ze féieren.

» **Une voix.** - Et mengt een ëmmer, et wier Halloween.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Effektiv froe sech d'Leit mat Ablécker, ob e Film gedréit gëtt hei zu Lëtzebuerg.

Duerfir mengen ech, dass een do och Effektiver kéint aspueren duerch eng aner Organisatioun. Ech gleewen och, dass eis Juges d'instruction net onbedéngt dergéint wieren, fir sech ze déplacéieren.

Natierlech, wann e Prisonnéier muss op d'Gericht kommen, dass dann den Transport muss geschéien, dat ass jo bien entendu an der Rei, mä fir déi Enquêtë beim Juge d'instruction muss ech awer heiansdo soen, dass do munches exzessiv ass.

Dat gesot, Här President, wëlle mir als ADR Jo soen zu deem Projet de loi, mä et ass en „Jo, mä“. Mir behalen ons d'Recht vir, fir all Joer ze kucken, ob déi Effektiver, déi gebraucht ginn, op déi richtig Plaz gesat ginn an ob déi richteg Prioritéite gesat ginn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Dann huet nach den Här Jaerling d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. D'Fro stellt sech: Wëlls de Sécherheet oder wëlls de keng? Et ass kloer, dass all Mënsch seet: Jo, ech wëll Sécherheet.

Da stellt déi zweet Fro sech: Wéi kënnen mer déi Sécherheet organiséieren? Do gëtt et zwou Méiglechkeeten. Déi éischt a fir mech op jidde Fall wichtegst Phas ass d'Preventioun. Et muss an d'Preventioun investéiert ginn, fir dass d'Leit sech emol un alleréischter Stell kënnen selwer hëllefen, fir sech ofzesécheren. Hei ass elo méi oder weïneger déi grouss Kriminalitéit ugeschwat ginn, mä ech sinn awer éischter der Meenung, dass d'Leit méi geplot si mat deene klengen Delinquenzen, déi aus verschiddenen Ursaache stattfannen, wéi mat der grousser Kriminalitéit.

A wann s de da sees, méi an d'Preventioun investéieren, dann ass et kloer, dass een déi Motioun vun deene Grénge muss ënnerstëtzen, fir am socioéducative Beräich emol un alleréischter Stell méi ze investéieren, well eben déi Leit an der Preventioun schaffen, besonnesch am Drogeberäich, wou awer wierklech elo déi meeschten Delinquenz hierkënn a wou och déi meeschten Délité stattfannen.

Wann s de dann natierlech sees, bon derniewent braucht's de och nach dat repressiivt Organ, fir d'Bierger awer ze schützen, da kann een och domadder d'accord sinn a soen, okay, wann elo d'Regierung der Mee-

nung ass an och d'Leit dobaussen der Mee-
nung sinn, dass mer méi Poliziste brauchen,
fir d'Sécherheet vun de Leit ze garantéieren,
da kann een net dergéint sinn.

Mä woumadder ech awer net kann d'accord
sinn, dat ass, dass mer elo hei eng Fuerde-
rung hunn, déi erëm a Richtung geet, wou
mer elo erëm eng Gemengepolizei wëllen
aféieren, déi mer jo awer ofgeschaaft hu
mat der Fusioun vu Polizei a Gendarmerie.

Ech kann einfach net domat d'accord sinn,
dass mer elo den Agents municipaux méi
Attributiounen ginn, déi an de Polizeiberäich
eraginn. Domadder kann ech net d'accord
sinn.

Ech sinn d'accord, dass d'Agents muni-
cipaux sollen e Statut kréien, wou kloer hir
Chargen definéiert sinn, mä déi duerfen op
kee Fall an d'Richtung goe vu Polizeikom-
petenzen. Domadder kann ech net d'ac-
cord sinn, an dat léist och d'Problemer net.
Wann ee gesäit, wat déi Agents municipaux
alles mussen iwwer sech ergoe loossen, dat
sinn elo schonn d'Buhmännercher an de
Stroosse vun de Gemengen, déi där Agents
municipaux hunn. Wa mer déi dann nach an
aner Richtunge schécken, wéi elo hei ge-
fuerdert ass, da wär dat dee falsche Wee an
dat géif de Leit och net hëllefen.

Duerfir sinn ech d'accord, hinnen e klore
Statut ze ginn, wou hir Kompetenze fest-
geluecht ginn, mä et dierf op dee Fall a
Richtung goen, dass se Kompetenze
kréien, déi an d'Richtung vun der Polizei
ginn. Dat wär dee falsche Wee.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling.
(Interruption et hilarité)

D'Wuert huet den Här Minister Luc Frieden.

» **M. Luc Frieden,** *Ministre de la Jus-
tice.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hä-
ren, ech maachen et kuerz, éischstens well
ech wierklech no zwielef Stonnen Aarbecht
e klenge Maufel muss iessen, soss falen
ech wierklech vun de Been.

(Hilarité)

Dee Maufel huet den Här Braz mer net er-
laabt ze huelen.

Dat Zweet ass, ech stelle mat grousser Sa-
tisfaktioun fest, dass kee vun den Interven-
nanté sech géint dëse Projet de loi ausge-
schwat huet. Dëst ass e ganz wichtegt Ge-
setz fir d'Zukunft vun eisem Land. Mir pre-
paréieren hei een Element vun de Grond-
aufgabe vum Stat, nämlech derfir ze suer-
gen, dass d'Zesummeliewe méiglech ass,
dass een eng gewësse Sécherheet huet, dass
een domat och eng gewësse Liewensquali-
téit huet. Duerfir huet et mer scho wichteg
geschéngt, no deenen Efforten am Rekrute-
ment an deene leschte Joren, déi och ver-
schidden Deputéierten hei ervirgehuewen
hunn, dass mer eis eng Perspektiv ginn, wéi
mer déi Police am Horizont 2015 wëllen
ausbauen an organiséieren.

Et ass eng Tatsaach, dass d'Zuel vun de Leit,
déi hei am Land wunnen a schaffen, stän-
neg eropgeet. Dat féiert mat sech, dass ee
muss kucken, dass déi Regele vum Zesum-
meliewen och op iergendeng Aart a Weis
respektéiert ginn an dass een do ass, dee
sécherstellt, dass déi Regele respektéiert
ginn. Dat ass nun emol eng Aufgab vun der
Police.

Dat Zweet, dat ass, et kommen dauernd nei
Missiounen fir d'Police bäi. Ech denken un
d'DNA-Spuren - Saachen, déi mer viru Jore
guer net haten - an d'Sécherheitsmooss-
namen um Flughafen, eiser eenzeger Baus-
segrenz, déi haut anescht muss gemaach
gi wéi dat virun 20 Joer de Fall war.

Mä virun allem gétt et eng absolut Prioritéit
an deenen nächste Joren. Ech hunn domat
schonn dat lescht Joer ugefaangen, an dat
geet esou weider. Nodeem mer déi regional
an déi national Servicer an de leschte Jore
mat Leit dotéiert hunn, muss déi absolut
Prioritéit sinn, déi Polizeidéngschter mat
zousätzleche Leit ze dotéieren, déi no bei
de Wunnengen an den Aarbechtsplaze
sinn, dass heescht déi sougenannte Centres
d'intervention an d'Commissariats de proxi-
mité.

Firwat déi grouss Zuel vu Leit? Bei der Po-
lice dierf een net vergiessen, dass contraire-
ment zu villen anere Verwaltungen d'Leit si-
wen Deeg op siwen a 24 Stonnen op 24

musse schaffen. Dat heescht, déi Zuel hei
ass net ze vergläiche mat Zuele bei dem
Gros vun deenen anere Verwaltungen, déi
just am Dag schaffen. Dës Verwaltungen
schaffe permanent, an duerfir sinn déi Zif-
feren och méi substanzuell, wéi dat vläicht bei
anere Verwaltungen de Fall ass.

Derbäi kënnt, wéi jo hei rappeléiert ginn
ass, dass dat hei eng Autorisatioun ass vun
der Chamber fir iwwert déi nächst Joren déi
Leit anzustellen. Ech mengen, dass mer
grondsätzlech pro Joer, wa mer eis vill Méi
ginn, maximal 60 Leit kënnen astellen, well
mer grosso modo 60 Leit an der Polizei-
schoul och ausgebilt kréien. A mir hätte jo
och gär Leit, déi hir Aarbecht op eng seriö
Aart a Weis maachen.

Natierlech sinn awer och déi national Aufga-
ben, wéi de Service de police judiciaire,
wichtig Punkten niewert der Proximitéits-
police. Et gétt eng Rei Affären, déi kompli-
zéiert kriminell Enquêté verlaangen, déi gutt
qualifizéiert Leit verlaangen a vill Leit, fir
dass een an deenen Enquêté weiderkënnt, an
duerfir muss och dee Service gréisser aus-
gebaut ginn.

Déi Zuel vu 500 Leit ass net einfach esou
eng Kéier entstanen, andeem ech gesot
hunn, elo schreiwe mer 500 Leit dran. Dat
ass d'Resultat vun enger Evaluatioun, déi
mer an deene leschte Jore gemaach hunn
iwwert dat, wat bei der Police bis elo ge-
schitt ass zënter der Fusioun am Joer 2000.
Et ass eng Analys gemaach gi wéi gesot
vun de Besoinen, déi mer hunn an der
Proximitéitspolice, a vun der Evolutioun vun
eiser Bevölkerung.

Duerfir ass déi Zuel eng ganz konkret Zuel.
Et ass eng Zuel, déi selbstverständlech net
eleng dierf gesi ginn, dass war mer ëmmer
kloer, an ech soen dat och virun allem als
Budgetsminister.

Ech hunn och ëmmer an deene leschte Jo-
ren ënnerstëtzt, dass mer an deene Beräi-
cher, wou sech ëm déi schwierig Fäll, méi
schwierig Leit an eiser Gesellschaft be-
këmmert gétt - wéi am Sozialberäich, am
preventive Beräich, sief dat am Beräich vun
der Santé, am Beräich vun der Famill, vum Fa-
milljeministère an och an anere Beräicher -,
Leit bäisetzen, déi der Police kënnen hëlle-
fen, um preventive Plang eng Rei Problemer
ze léisen. Dat mussou souguer net ëmmer
schwierig Fäll sinn, et kann och einfach
d'Jugendaarbecht sinn.

Ech hunn ëmmer derfir gesuergt, och als
Budgetsminister, dass zum Beispill am
Sportsberäich zousätzlech Leit bäikomm
sinn, well do ganz vill super gutt Aarbecht
gemaach gétt, déi et évitéiert, dass herno iwwer-
haapt Problemer an der Gesellschaft
entstinn. Duerfir muss een also och den En-
cadrement vun deene Jonken an deene
Beräicher vu staatlecher Säit weider be-
gleeden. D'Sozialaarbechter sinn also erop-
gaangen a mussen weider eropgoen.

Zweetens muss d'Magistratur weider erop-
goen. A menger Amtszäit ass dank Geset-
zer, déi d'Chamber gestëmmt huet - zwee-
mol; zwee pluriannuel Programmer -, d'Zuel
vun de Magistraten och ëm 30% geklomm-
men.

Drëttens ass et och ganz kloer - an do hat
ech ganz gutt Gespréicher ënner anerem
mam Syvicol -, dass mer eis eens driwwer
sinn, dass dat mer den Agent-municipauxen,
de sougenannten „Pecherten“, am Beräich vun
de Gemengereglementer zousätzlech Kom-
petenze ginn, ouni dass dorausser eng Ge-
mengepolice entsteet; well déi Leit ginn och
net arméiert, mä déi kënnen bei enger Rei
vun Infractiounen, déi am Gemengeregle-
ment stinn, Avertissement-taxéé ginn.

Ech hu scho viru Längerem annoncéiert, ze-
summe mam Kolleeg Innenminister, dass
nach virun der Summerpauze en diesbezüg-
leche Projet an der Regierungrot kënnt. Ech
kann lech also soen, dass virum Enn des
Mounts dee Projet wäert am Regierungrot
ofgeseent ginn.

D'Fräiheet an d'Liewenqualitéit ass eist Zil.
Dëst Gesetz bréngt eis e gutt Stéck weider
op deem Zil. Duerfir soen ech der Chamber
Merci fir déi ganz breet Zoustëmmung, déi
dëse Projet heibanne fënn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister.
Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum
Vote vum...

(Interruption)

Pardon?

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*). - Parole
après ministre. Ech wollt soen, ech muss am
Numm vun der grénger Fraktioun och no
dësen évasiven Erklärungen vum Minister,
déi méi mat Kommunikatioun wéi mat Argu-

mentatioun ze dinn haten, nach eng Kéier
soen, dass mir et bedauern, dass de Mi-
nister erëm eng Kéier net bereet ass, op déi
Kritiken an Argumenter anzegoen an ze
soen, wou da genee déi Problemer sinn, déi
ze léise sinn. Mir fannen dat heiten nach
eng Kéier de falsche Wee.

De Minister seet „ouni Géigestëmm“. Dat
ass richteg, mä Dir kritt och keng Unanimi-
téit op dëser Fro, well Der se net begrënnt
hutt, well Der lech et wëllt ze liicht maachen.
Dir bleift och elo nach eng Kéier mat Ären
Erklärungen évasiv. Et géif mech och inter-
esséieren ze héieren, wat d'Attitüd vun der
Regierung zu deenen zwou Motiounen ass.

» **M. le Président.** - Den Här Minister zu
de Motiounen, wann ech gelift.

» **M. Luc Frieden,** *Ministre de la Jus-
tice.* - Also, éischstens emol iwwerloossen
ech dem Här Braz seng Jugementer iwwer
meng Argumentatioun zum Projet de loi.

Et gétt éischstens emol en Exposé des mo-
tifs, deen am Detail eng ganz Rei Saache
seet.

Zweetens hunn ech elo grad nach eng
Kéier gesot, wat meng grouss Prioritéiten an
deem Beräich sinn a wat fir eng Sugges-
tiounen mer där nächster Regierung an deem
Beräich maachen, wou déi Leit sollen affek-
téiert ginn. Et ass also u jiddferengem ze ju-
géieren, ob mer déi Leit brauchen an der
Police a wou mer se hisetzen. Ech hunn dat
en long et en large an der Kommissioun an
och op anere Plazen erkläert.

Ech hu gesot, dass et mer evident schéngt,
dass mer och aner Servicer mussen mat
zousätzlechem Personal dotéieren, dass dat
net en Effort ass, deen elo ugefaangen ass.
Ech soen dat och am Numm vum Gesond-
heitsminister, am Numm vun der Famillje-
ministerin, déi vill esou Beräicher hunn, sou-
wuel um Niveau vun de Fonctionnairé wéi
um Niveau vun den Associatiounen. Mir hu
jo eng enorm Zuel vun Associatiounen, déi
vum Stat konventionéiert ginn an déi an
deem dote Beräich schaffen. Déi ginn all
Joer weider ausgebaut.

Ech mengen awer net, dass ee kann eng Mo-
tioun stëmmen, an där ee seet: Déi mussen
genausou vill Leit kréien, well dat hänkt jo
ganz vun der eenzelner Aktivitéit of; dat
kann een also net mat enger mathemate-
scher Rechnung ginn. Mä de Prinzip selwer
ass de Prinzip vum Bon sens. Duerfir
brauch een och keng Motioun. Dat ass dat,
wat mer gemaach hunn a wat mer weider
maachen.

Zum zweete Punkt - dat hunn ech lech
gesot, an dat wësse vill Kolleegen heiban-
nen -, de Projet de loi iwwert d'Agent-muni-
cipauxen, deen hu mer a ville Sitzungen
ausgeschafft. Sitzungen net nëmmen intern
vun der Regierung, mä och mat der Asso-
ciatioun vun de Gemengebeamten, der As-
sociatioun vun de Pecherten, dem Syvicol.
Dee Projet de loi ass fäerdeg. E wäert nach
- dat hänkt vum Programm vum Statsminis-
ter of, mä - am Prinzip dës Mount am Re-
gierungsrot diskutéiert an dann héchstwahr-
scheinlich do approuvéiert ginn. Esou dass
ech och net mengen, dass een eng Motioun
brauch fir eppes, wat d'Regierung annon-
céiert huet a wou se gesot huet, et kéim
nach dës Mount.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister.
Mir kommen elo zum Vote vum Projet de loi.

(Interruptions diverses)

» **M. Charles Goerens** (*DP*). - Mäi Mo-
nitor erlaabt mer nach eng Kéier net, um
Vote ze participéieren. Ech wollt also soen,
dass ech de Projet stëmmen.

» **Mme Colette Flesch** (*DP*). - Här Pre-
sident, ech wollt mellen, dass, wéi ech op
Procuratioun gedréckt hunn, dem Här Goe-
rens säin Numm op mäi Monitor komm ass.

(Hilarité)

Et ass also manifestement eppes, wat do
net stëmmt. Ech géif drëm bieden d'ur-
gence vun der Technik kucken ze loossen,
wat do de Problem ass. Mir kënnen dat net
esou weidergoe loossen.

» **M. le Président.** - Da probéiere mer
emol beim nächste Vote. Et ka sinn, dass
den Här Goerens nach net gedréckt hat en
nom personnel, dunn hutt Dir scho ge-
dréckt.

(Brouhaha)

» **Mme Colette Flesch** (*DP*). - Neen,
neen! Hien huet et viru mir gemaach.

» **M. le Président.** - Jo, mir hunn dee
Fall gehat. Also, lauschtert emol, mir ginn
eis eens! Ech soen lech just, wat d'Resultat
vum Vote ass.

» **M. Charles Goerens** (*DP*). - Här Pre-
sident!

» **M. le Président.** - Jo, Här Goerens.

» **M. Charles Goerens** (*DP*). - Ech wëll
all Ënnerstellungen dementéieren, dass et
géif u menge Capacitéiten, fir un der Of-
stëmmung deelzehuelen, hänken!

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Also, Här Goerens,
et géif mer net am Dram afalen, lech esou
eppes ze ënnerstellen! Et kann awer emol
sinn, d'Madame Flesch, Dir wësst, si ka
ganz schnell sinn.

(Hilarité)

» **Une voix.** - Wéi ass se dann normal,
d'Madame Flesch?

» **M. Charles Goerens** (*DP*). - Et ass
manifestement en technesche Problem an
ech hätt gär, dass en Techniker sech deem
Problem géif unhuelen.

» **M. le Président.** - Dat maache mer
och. Wann den Här Krieps hei wär, dann
hätte mer och elo en Tableau hei. Hien huet
ëmmer gefrot, mir sollten en Tableau kréien,
da geséich jiddfereen. Mä, Här Goerens, et
ass evident, dass mer kucken, wann do en
technesche Problem ass, wourunner dat
läit.

Elo gesi mer dat direkt, wann den Här Fries-
eisen, de Generalsekretär, den Tableau kritt
vun de Voten, wéi se gemaach gi sinn. Den
Här Goerens huet mat Jo gestëmmt. Dat no-
téiere mer „en nom personnel“ hei.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et
dispense du second vote constitutionnel**

Dann hu mer de Projet de loi 5873 de Mo-
ment mat 52 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiou-
nen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval,
Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes
Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-
rie-Thérèse Gantenbein-Koullan (par M. Lu-
cien Clement), MM. Marcel Glesener, Nor-
bert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch
(par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes,
Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel
Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Mar-
cel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco
Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-
Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel,
Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme
Martine Stein-Mergen);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ro-
main Schneider), John Castegnaro, Mme
Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich,
Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre
Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Cas-
tegnaro), MM. Roger Negri (par Mme Clau-
dia Dall'Agnol), Jos Scheuer, Romain
Schneider, Roland Schreiner (par M. Ben
Fayot) et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel),
Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fer-
nand Etgen, Mme Colette Flesch, MM.
Charles Goerens, Paul Helminger (par M.
Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par
Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves
Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast
Gibéryen) et Robert Mehlen;*

M. Aly Jaerling.

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, Fran-
çois Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par
M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane
Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Lo-
schetter.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote
constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Madame Flesch, wann ech gelift.

» **Mme Colette Flesch** (*DP*). - Här Pre-
sident, no deem Intermezzo, vun deem mer
elo just geschwat hunn, hunn ech par pro-
curation wëlle fir den Här Krieps stëmmen
an et ass mer net méiglech gewiescht.

» **M. le Président.** - Da schéngt mani-
festement e Problem hei an der Technik ze
sinn.

» **M. Xavier Bettel** (*DP*). - Net bei der
DP!

(Brouhaha)

» **M. le Président.** - Här Bettel, ech
hunn d'Technik vun der Verwaltung ge-
mengt. Also, ech deelen lech dat definitiiv
Resultat vun deem Vote hei mat, wa mer elo
kontrolléiert hunn, wéi dat gaangen ass.

» **M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Ass en negativ ausgaang?

» **M. le Président**.- Neen, neen, Här Bausch. Dir braucht lech keng Suergen ze maachen. Dee Projet de loi hei ass mat enger écrasanter Majoritéit ugeholl ginn, och wann de Grupp vun deene Grénge Nee gestëmmt huet.

» **Une voix**.- De Minister ass scho fort.

(*Brouhaha général*)

» **M. le Président**.- Den Här Minister profitéiert, wann ech lech dat däerf soen, esou wéi mir et alleguerte scho gemaach hunn, ier mer elo zum nächste Projet kommen, fir ee Maufel z'iessen. Dat wäerte mer him jo zougestoen. Bei der Diskussioun vum Projet, deen elo kënnt, wäert hien erëm ganz schnell heibanne sinn.

Soubal de Generalsekretär hei d'Lëscht virleien huet, deele mer mat, wéi den definitive Vote ausgaangen ass. Dat hunn ech elo virleien. Dat soen ech lech trotzdeem méi spéit, wann ech dat heiten am Detail studéiert hunn.

Motion 1

Ech wëll lech froen, bei de Motiounen, déi den Här Braz déposéiert huet: Ass de Vote électronique verlaangt?

(*Assentiment*)

» **Mme Colette Flesch** (*DP*).- Da muss d'Technik awer funktionéieren.

» **M. le Président**.- Da probéiere mer elo emol nach eng Kéier. Et ka sinn, dass et klappt. Et ka sinn, dass et net klappt. Also, d'Motioun 1 vum Här Braz. De Vote fänkt un.

Vote

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 37 Nee-Stëmmen, bei 23 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Kriebs (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri (par Mme Lydie Err), Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner (par M. Fernand Diederich).

Motion 2

Mir kommen dann zum Vote vun der Motioun 2.

» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Wann Der erlaabt, zur Motioun 2 wollt ech déi gréng Fraktioun eppes froen. Mir géifen nämlech gär déi Motioun stëmmen. Mir hu just e Problem mat deem leschten „invite“. Do steet nämlech dran: «à tenir compte de l'évolution des compétences et du nombre des agents municipaux dans le recrutement des agents de la Police grand-ducal».

Wa mer hei soen, dass dat eent an dat anert net datselwecht ass, wiere mer frou, wann deen doten Absatz kéint gestrach ginn, well d'Agent-municipalen d'Règlement-communalé jo sollte kontrolléieren an et net sollt eng zweet Polizei ginn, an dass net d'Kompetenz vun den Agents municipaux duerno d'Dépendance vis-à-vis vum Rekrutement vun der Police soll mat beinhalten. Duerfir wiere mer frou, wann dat kéint gestrach ginn. Da géife mir och dës Motioun stëmmen.

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Wann dat hëlleft d'Konfusioun ewechzehuelen, dann hu mir domat kee Problem. Ech wëll awer trotzdeem drop verweisen, dass an där Motioun, déi mer virun engem Joer gestëmmt hunn, bei der Debatt iwwert d'Sécurité intérieure, genee drastoung, dass et dorëms geet, d'Agents municipaux mat Kompetenzen ze versinn, déi am Moment vun der Police missten erfüllt ginn. Et ass also faktesch net niabel, dass, wann Agente Kompetenzë bäikréien, d'Polizei besser Zäit huet fir aner Saachen, oder alternativ manner Poliziste géife gebraucht ginn.

Mä wann dat et awer e bësse méi kloer mécht, dann zéie mer dat zrëck an da si mer frou, dass déi liberal Kollegeen a Kolleginnen eis ënnerstëtzen.

» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Här President, mir hu jo virdru gesot, dass d'Aarbecht vun der Police eng aner ass, wéi dat ze kontrolléieren, wat haut d'Règlements communaux sinn. Dowéinst géife mer net fannen, dass de Rekrutement vun der Zuel vun der Police tributär soll si vun där anerer.

(*Brouhaha général*)

» **M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of. Ass d'Motioun elo modifizéiert?

(*Assentiment*)

» **Une voix**.- De leschten Tiret ass ewech.

» **M. le Président**.- De leschten Tiret ass ewech. Da stëmme mer iwwert déi modifizéiert Motioun of.

Vote

D'Motion 2 modifié ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, géint 18 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen.

Ont voté oui: Vera Spautz;

MM. Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Kriebs (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Christine Doerner), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine

Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri (par M. Romain Schneider), Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner (par M. John Castegnaro);

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Projet de loi 5563 iwwert den Accès vun der Police judiciaire zu perséinlechen Donnéeën. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Klein, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, deen och an dësem Fall den honorabelen Här Santer ass.

4. 5563 - Projet de loi relative à l'accès des magistrats et officiers de police judiciaire à certains traitements de données à caractère personnel mis en œuvre par des personnes morales de droit public et portant modification: - du Code d'instruction criminelle, - de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police, et - de la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant réorganisation de l'administration pénitentiaire

Rapport de la Commission juridique

» **M. Patrick Santer** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Bodry huet d'lescht Woch hei op der Tribün, wéi et iwwert d'Gemengefusione gaangen ass, gesot, dat wier keen Thema, deen terribel sexy wier.

Esou muss ech awer soen, datt dëse Gesetzesprojet an doriwwer eraus d'Gesetzesprojeten, déi sech mam Strofrecht a mam Dateschutz ofginn, nach manner sexy sinn. Mä si hunn et a sech.

Et geet en effet ëm de Rechtsstat, wou en Equilibre tëschent op där enger Säit enger effikasser an effizienter Kriminalitéitsbekämpfung an op där anerer Säit de Grondrechter an de Grondfräheete vun alle Bierger muss fonnt ginn. Mir si scho virun engem Joer am Kader vun der Debatt iwwert d'Sécurité intérieure an der Madame Flesch hirer Interpellatioun dodrop méi am Detail agaangen.

Sou ass dëse Projet de loi 5563 e Beispill, mä et kéint een och anerer nennen, wou mer versicht hunn, dësen Equilibre hierzestellen. Ech wäert op dësen Aspekt nach méi spéit zrëckkommen. Dëse Projet de loi ass awer och e gutt Beispill vun institutioneller Zesummenaarbecht.

De Projet de loi, iwwert dee mer wäerten ofstëmmen, ass säit sengem Dépôt virun zwee Joer substanzieell geännert ginn. Den initiale Projet de loi war och op verschidene Punkte grondleeënd geännert gi par rapport zum Avant-projet de loi, fir der nationaler Dateschutzkommissioun hire Suggestiounen a Kommentare Rechnung ze droen. An net manner wéi néng Sätzungen huet d'Commission juridique sech mam Projet auserneegesat, an d'Zesummespill vu Parlament, Statsrot a Regierung huet de

Projet zu engem ausgeglachenen Text gefouert.

De Statsrot war net ëmmer mat eisen Amendementer averstanen, a mir an der Kommissioun waren net ëmmer mam Statsrot averstanen. Mir hunn awer elo en Text, deen dateschutzrechtlech a strofrechtlech équilibréiert, kloer an an der Praxis ëmsetzbar ass.

ler ech elo op d'Grondsätz vum Projet de loi wëll agoen, wéilt ech - an ech kann, mengen ech, och hei am Numm vun der Commission juridique schwätzen - dem Här Luc Reding vum Justizministère fir seng Hëllef, Erklärungen an Hiweis Merci soen.

» **Mme Colette Flesch** (*DP*).- Très bien! Très bien!

» **M. Patrick Santer** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een d'Thema vun der Kriminalitéit ugeet, besonnesch wann et sech ëm d'Kriminalitéit hei am Land handelt, kënnt ee séier an zu Recht op d'grenziwwerscheidend Kriminalitéit ze schwätzen an doriwwer eraus op d'Problemer, déi d'Police an d'Justizautoritéiten hunn, fir dergéint unzekommen. Déi Kriminell maache vun den opene Grenze Gebrauch an d'Autoritéite stousse sech drun, och wann international Konventiounen an europäesch Texter eng Kooperatioun op Police- a Justizniveau verbesseren oder vereinfachen.

Bei der Kriminalitéitsbekämpfung an doriwwer eraus bei der ganzer Aarbecht vu Justiz- a Polizeiautoritéiten ass awer och e weideren Aspekt wichteg: d'Informatioun an hire Corollaire d'Informationsquellen. Duerfir muss den Zougrëff vun dësen Autoritéiten op gewësse vum Stat an Établissements publics gefouert Datebanke geregelt ginn.

Am Numm vun der Kriminalitéitsbekämpfung soll awer en onageschränkten Zougrëff op all Donnéeën, déi sech op deenen Datebanken erëmfannen, net legitiméiert ginn, well den Dateschutz oder besser gesot, de Schutz vun deenen, deenen hir Date veraarbecht ginn, net alles kann zouloossen. Hei fanne mer erëm den Equilibre, vun deem ech virgëschter geschwat hunn: La fin ne justifie pas tous les moyens.

Den Dateschutz an doriwwer eraus de Schutz vun der Privatsphär ass och e Grondrecht, dat vu Justiz a Police muss respektéiert ginn. Duerfir ass et gradesou wichteg, dësen Equilibre ze fannen, duerfir ass et gradesou schwéier, en ze fannen.

Här President, am initiale Projet de loi, wou d'Kommentare vun der nationaler Dateschutzkommissioun schonn agefloss waren, stoungen d'Datebanken am Policegesetz, an de Code d'instruction criminelle huet op d'Policegesetz higewisen, wann Donnéeë sollte vu Justizsäit benotzt ginn.

Do huet de Statsrot eng Opposition formelle gemaach. Et wier falsch ze mengen, datt dës Opposition formelle op iergendwellech Aschränkungen oder Verletzung vu Grondrechter fondéiert wier. Et sinn nëmme strikt juristesche Grënn, déi de Statsrot verleet hunn, eng Opposition formelle ze maachen.

En effet, sot hien, op där enger Säit mécht de Projet de loi keen Ënnerscheed tëschent der Police administrative, deem preventive Charakter vun der polizeilecher Aarbecht, an der Police judiciaire, déi an d'Spill kënnt, wa bis eng Strofdot geschitt ass. Aneersäits sot de Statsrot, vermëscht Der hei deen dateschutzrechtliche Regime vun dësen Donnéeën. Obwuel, dat muss een nach eng Kéier soen, déi national Dateschutzkommissioun den Avant-projet de loi exami-



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu